



unzefänken dem Rapporteur, dem Här Gilles Baum, Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech mengen, dat meescht ass hei gesot ginn. Et geet jo hei am Fong geholl drëm, fir déi Upassung vun 1,1 %, déi mer elo just an deem leschte Gesetz 7381 gemaach hunn, och ze iwwerdroen op dës Leit hei vum REVIS. Ech mengen, et ass eng logesch Konklusioun an eng logesch Suite vun där ganzer Geschicht.

Ech mengen, dat betrëfft grad déi Leit, déi net op Rouse gebett sinn an déi um ënneschte Seuil - wann ech esou dierf soen, finanziell elo gesinn - vun der Gesellschaft liewen. An ech mengen, deene mussen mer eis Ënnerstëtzung ginn. An ech ginn domadder eis Zoustëmmung vun der ADR-Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Engelen. Dee leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Och mir ginn eis Zoustëmmung zu deem heite Gesetz, dat eng Erhéijung souwuel vum REVIS wéi vum RPGH bedeit vu jeeeweils 1,1 %, en analogie zu deem, wat mer virdu votéiert hunn.

Dat ass och richteg esou, well soss den Ecart tëschent dem Mindestloun an deem Mindestsaz, deem, wat fréier emol Revenu minimum garanti geheescht huet, weider géif an d'Luucht goen an doduerjer eigentlech mam neie REVIS souguer Leit géife penaliséiert ginn, déi eventuell de Mindestloun géife kréien. An duerfir muss och de REVIS deementspriedend ugepasst ginn.

Vill Saache vun deem, wat virdu gesot ginn ass, kann een definitiv ënnerstëtzen. Virun allem kann een net oft genuch betounen, datt wirklech deen allergréissten Deel, 90 % vun deene Leit, déi den RMG respektiv elo de REVIS kréien, Leit sinn, déi an enger Aarbecht sinn. Dat si Leit, déi schaffen! An dat klischéiert Bild dobaussen, wat oft gezechent gëtt vu verschiddene Kreesser, wéi wann dat alles just liddereg Pänz wäeren, dat entsprécht net der Realitéit. An dat kann een, mengen ech, net oft genuch betounen.

Viru sechs Méint hate mer e bësse Problemer mam Prinzip selwer vum REVIS an hunn och dorunner gréisser Kriticke geüübt. Kriticken, déi mer, mengen ech, nach ëmmer oprechterhale kënnen, notament datt e seng éischte Votatioun verfeelt, nämlech datt et kee Revenu d'inclusion sociale ass. An dat ass eng Kritik, déi och de Statsrot dee Moment a relativ schaarf Wieder formuléiert huet.

Bon, dëst gesot: Dat heiten ass eng legère Erhéijung vun deene Montanten no uewen. Mir stëmmen déi natierlech mat. Dat Eenzezt, wat een eventuell kritiséiere kann, wann een awer en Hoer an der Zopp wëllt fannen, dat ass den Datum vum Depot: Dat ass elo virun 13 Deeg gewiescht - d'Analogesetz iwwert de Mindestloun hat e bësse méi Virsprong -, duerfir sinn och eng Rëtsch Avisé vun de Beruffskummeren net do. An Zukunft kann een dat dann och vläicht méi zackeg maachen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Baum. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Familljeministesche Corinne Cahen, wannechge-lift.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, ech géif fir d'Éischt gäre vun der Geleeënheet profitéieren, well esou vill Riedner elo haut fir d'Éischt geschwat hunn an hir éischt Ried gehalen hunn, fir hinnen ze felicitéiere fir hir Rieden, déi se gehalen hunn. Well ech mengen, dass d'Riedner hei eppes gemeinsam hunn, déi, déi scho vill Riede gehalen hunn, an déi aner: Dat ass, dass se den Terrain kennen.

Virun allem wa mer vum REVIS schwätzen, vum RPGH, da wësse mer, vu wat mer schwätzen, mir wëssen, vu wem mer schwätzen. An ech mengen, hei ass jo en Automatismus, dee mer onbedéngt wëlle maache par rapport zum Gesetz, wat virdu hei gestëmmt ginn ass mat enger absolutter Majoritéit, nämlech dass, wann de Mindestloun an d'Luucht geet, dass dann och de REVIS an den RPGH sollen an d'Luucht goen.

Ech si frou, dass jiddwereen d'Evaluatioun vum REVIS begreist natierlech, déi mer eis engagéiert hunn ze maachen. Dat muss een och maachen. Dat soll een all puer Joer eng Kéier maachen, well och d'Welt net stoe bleift. An et muss een och kënnen déi néideg Adaptatiounen maachen, wann der néideg sinn.

Ech sinn awer hei virun allem emol nach eng Äntwert schëlleg, well eng Fro gestallt ginn ass vum honorabelen Deputéierte Paul Galles, nämlech déi vun de Salariés handicapés. An ech wëllt dofir och eng Kéier ganz kuerz do-robber agoen.

„Wivill Leit si betrëfft?“, hutt Der gefrot. Et sinn der manner wéi 40, déi betrëfft sinn. Mir hunn dat och um Radar. Mir loossen och do keen hänken. A mir sinn amgaange mam Ministère du Travail zesummen no Léisungen ze siche fir déi Leit. Also, do wäert sécherlech keen hänke-gelloos ginn.

An da wëll ech just drop opmierksam maachen, dass mer och am Koalitiounsaccord stoen hunn, dass mer d'2003er-Gesetz op de Leescht wëllen huelen, dass mer dat wëllen iwwerschaffen. Dat concernéiert och souwuel d'Salariés handicapés wéi déi am RPGH. Dat heescht, och dat huet dës Koalitioun sech engagéiert ze maachen. An dat wäerte mer dann och maachen.

Dat Eenzezt, wou ech mech dann awer e bësse wonneren, dat ass, wann hei gesot ginn ass, dass de REVIS keng substanzuell Verbesserung wär. Do muss ech mech dann awer schwéier wonneren, well ech mengen awer, dass, wann elo endlech deen Zweeten am Stot, nämlech dee méi Schwaachen, an dat ass meeschtens d'Fra, och endlech kann aktivéiert ginn, wann déi net méi muss einfach nëmmen doheem bleiwen oder wou och ëmmer an net dierf iergendwéi an eng Aktivatioun erakommen ... Da muss ech mech awer wonneren!

Virun allem als Fra sinn ech awer frou, dass d'Fraen och elo kënnen aktivéiert ginn, dass se sech och kënnen engagéieren, fir vläicht dann eng Kéier och aus deem REVIS erauszekommen, fir kënnen an d'Beruffsliewen eranzekommen a fir selwer och kënnen Suen ze verdéngen! Ech mengen, dass dat emol schonn eng ganz grouss Verbesserung ass.

An déi aner wirklech ganz grouss Verbesserung vun deem Gesetz, wat den 1. Januar elo a Kraaft trëtt, dat ass awer, dass d'Kanner méi consideréiert ginn, nämlech zu 30 %, also méi wéi virdrun, an an de Ménage-monoparentalen, wou nëmmen een Erwuessene leeft, souguer zu 40 %. An dat ass eng substanzuell Verbesserung par rapport zu deem, wéi et am RMG war! Dofir muss ech mech iwwert déi Ausso natierlech e bëssleche wonneren.

Ech mengen, den honorabelen Deputéierte Mars Di Bartolomeo huet gesot: Et gouf och emol scho Momenter, wou de REVIS net ugepasst ginn ass par rapport zum Mindestloun, wéi deen ugepasst ginn ass. Ech si frou, dass mer elo en anere Wee ginn. D'ADEM an den ONIS sinn effektiv prett, fir vum 1. Januar un hir nei Aufgaben och ze iwwerhuelen.

An ech géif och gären nach eng Kéier déi honorabel Deputéiert Djuna Bernard zitéieren, déi gesot huet: „Et sinn Zännrieder, déi aneenegräifen.“ An ech mengen, jiddwereen ass och en Deel vum Zännrad, fir ze hëllefen, wann et de Leit net esou gutt geet a wa Leit an der Prekaritéit sinn. A wa Leit wirklech e Coup de pouce brauchen oder Hëllef brauchen, fir aus där Prekaritéit erauszekommen, dann hu mer all eng Responsabilitéit, fir do matzehëllefen.

Ech soen Iech villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Familljeministesche. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7391 et dispense du second vote constitutionnel

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7391. Den Text steet am Document parlementaire 7391².

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass wéi folgt: 60 Jo-Stëmmen. De Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen unanime ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Diane Aehm) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di

Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Henri Kox), MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dat ass dann domadder esou decidéiert.

10. 7217 - Projet de loi instituant un registre des bénéficiaires effectifs et portant

1^o transposition des dispositions de l'article 30 de la directive (UE) 2015/849 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2015 relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux ou du financement du terrorisme, modifiant le règlement (UE) n° 648/2012 du Parlement européen et du Conseil et abrogeant la directive 2005/60/CE du Parlement européen et du Conseil et la directive 2006/70/CE de la Commission ;

2^o modification de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le Registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises

Eise leschte Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 7217 iwwert de Registre des bénéficiaires. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Mosar, d'Madamm Hartmann, den Här Margue, den Här Reding, den Här Baum an den Här Goergen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, zum Ofschloss vun dëser Seance nach e kleng Plaz de résistance, en technesche Projet, wéi Der en all gär hutt, mä awer och e wichtege Projet. Et ass de Projet, mat deem mer e Regëster vun de Bénéficiaires économiques vu Lëtzebuerger Gesellschaften a juristesche Persounen schafen.

Dëst ass e weidert Instrument am Kampf géint d'Geldwäsch. Et ass en Instrument vun der Transparenz, well wann ee weess, wien eng Gesellschaft kontrolléiert, da weess een och, wou d'Suen hifléissen. An dat ass evidemment eng wichteg Informatioun, wann ee wëllt géint d'Geldwäsch kämpfen.

Mat dëser Gesetzesvirlag setze mer de leschte Baustee vun der véierter Directive antiblanchiment ëm, der Direktiv 2015/849. Domat vermeide mer virun allem dem Lëtzebuerger Stat eng Geldstrof vun ongeféier 600.000 Euro, awer, nach vill méi wichteg, e Reputatiounsschued, dee ganz kloer op eis zoukomme géif, wa mer dës Direktiv net matzäit géifen ëmsetzen.

Als grouss Finanzplaz sti mer ganz besonnesch um Radar vun internationale Gremie wéi dem GAFI a vun der Europäescher Kommissioun en rapport mat eise Verlichtungen géint d'Geldwäsch. Eng Finanzplaz ass ëmmer ufälleg fir Geldwäsch. Dat ass an der Natur vun der Saach. An et muss ee sech dann d'Mëttele ginn, fir géint déi Kriminalitéit verzgoen. Dofir ass hei e gudde Schüler ze si kee Luxus. Neen, et ass eng Noutwendegkeet fir e klengt Land mat enger grousser, verschidde Leit soen, enger „disproportionéierter“ Finanzplaz.

Här President, et ass an der Justizkommissioun d'lescht Woch kritiséiert ginn, dass dëse Projet géif iwwert de Knéi gebrach ginn an elo just viru Chrëschttag nach schnell duerch d'Chamber gebeescht ginn. An, jo, am Idealfall wär dat och elo anescht gaangen. Am Idealfall hätte mer eis vläicht e bësse méi Zäit geholl, fir iwwert dëse Projet ze diskutéieren, mä mir hunn, mengen ech, trotzdem eis Hausaufgabe gemaach an der juristescher Kommissioun. Mir hunn de leschten Donneschden an zwou Sitzungen de ganze Projet duerchgeholl, mam Minister a senger Beamten, a mir hunn alles kontrovers diskutéiert. An ech kommen nach op verschidde Punkte vun dëser Diskussioun a menger Presentatioun zrëck.

E puer Wuert zu den Travaux parlementaires. De Projet gouf eng éischte Kéier zesumme mam Volet „registre des fiducies“ de 6. Dezember 2017 an enger Commission jointe vun der Cofibu an der Commission juridique presentéiert. De Volet „registre des fiducies“ ass mëttlerweil zum Gesetz gi vum 10. August 2018, wa mech net alles täuscht.

Duerno sinn et dann eng ganz Rei Gerichter a Kierperschaften, déi Avisen ofginn hunn zu dësem Projet mat ganz nätzlechen Apporten, an och notament e rezenten Avis vun der CNPD an der Chambre de Commerce, déi nach en Avis complémentaire zu dësem Projet ofginn huet.

Déi Avisa waren zum Deel ganz kritesch. Vill hate mat Froen zum Accès ze dinn, zum Droit d'accès ze dinn, déi sech awer zum gréissten Deel eriwweert hunn, well mer jo mat der fréier Adoptioun vun der fënnefter Directive antiblanchiment op dësem Punkt en Accès public gemaach hunn zu dësem Registre des bénéficiaires effectifs, an dat ouni en Intérêt légitime mussen ze justifiéieren.

Déi Kolleegen, déi bei der initialer Presentatioun vum Projet derbäi waren, kënnen sech erënneren, dass mer deemools scho ganz laang Diskussiounen haten zu justement där Notioun vum „intérêt légitime“, zu deene Konditiounen, zu deenen ee kéint Accès kréien zu dësem Regëster. Mir haten zum Beispill d'Fro vun de Journalisten: Wat wieren d'Konditiounen fir Journalisten, fir Accès ze kréien zu deene Regëstere?

Bref, all déi Diskussiounen hu sech eriwweert doduerch, dass mer dee Regëster elo opgemach hunn zum Public, also e breeden Zougang gemaach hunn.

Wéi gesot, si mer elo „early adopters“ vun der fënnefter Geldwäschrichtlinn zu dësem Punkt. An ech mengen och, dass dat eppes ass, wat eis gutt zu Gesiicht steet als Land, als Finanzplaz. Dat gëtt e staarkt Signal, wat d'Transparenz ugeet, e staarkt Signal zu enger neier Politik, wann et ëm d'Finanzplaz geet.

De Projet gouf duerch Regierungsamendementen den 10. Juli 2018 ofgeännert, an duerno nach eng Kéier den 8. Oktober 2018. An der Tëschenzäit hat de Statsrot de 24. Juli 2018 säin Avis ofginn. Den zweeten Avis vum Statsrot vum 27. November 2018 hat dunn näischt méi anzewenden zu dësem Projet.

Här President, wourëm geet et hei, e bësse méi am Detail? Et geet drëm, e Regëster ze schafen, deen d'„bénéficiaires effectifs“ vu sougenannten „entités immatriculées“ repertoriéiert. Dat sinn déi zwee Schlësselbegrëffer an dësem Text.

De Bénéficiaire effectif ass keen neie Begrëff. Et handelt sech hei ëm eppes, wat elo schonn am Artikel 1 Paragraf 7 vum Geldwäschgesetz, oder vum Antigeldwäschgesetz éischter, vun 2004 steet, a senger Faassung vum 13. Februar 2018, dat justement ee Volet vun der AML 4 ëmgesat huet.

D'Definitioun vum Bénéficiaire effectif ass déi vun enger individueller Persoun, déi a leschter Instanz eng Gesellschaft entweder besetzt oder kontrolléiert, oder fir déi eng Transaktioun duerchgefouert oder eng Aktivitéit gemaach gëtt.

A wann een op d'mannst 25 % vum Kapital direkt oder indirekt besetzt an esou enger Gesellschaft, dann ass dat presuméiert, dat heescht, dat ass en Zeechen, dass esou eng Kontroll dann dee Moment do ass. Mä et ass awer esou, dass et vu Fall zu Fall kann anescht sinn. Dat ass also just en Indice, en Zeechen.

Dee wichtege Punkt, op dee mer ëmmer erëm zrëckkommen sinn an der Kommissioun an eisen Diskussiounen, ass deen, dass een, wann een all d'Méiglechkeeten erschëpft huet a kee Propriétaire fonnt huet um Enn vun der Chaîne - well där Fäll gëtt et, ech kommen och nach kuerz op déi zrëck -, dann op déi Persoun zrëckgräift oder op dat Gremium zrëckgräift, wat d'Kierperschaft dirigéiert: den Dirigeant. Dat ass dee sougenannten „fallback“ vum Artikel 1 (7) a) ii) vum Gesetz vum 2004 iwwert d'Geldwäschbekämpfung.

E weidere Punkt, dee vill diskutéiert gouf an der Kommissioun, war de Fait, dass och ASBLen an effentlech Etablissementen vum Stat oder vun de Gemengen ënnert dëst Gesetz falen. Do ass dann d'Fro, ob dat net ze vill gëtt fir d'Veräiner, déi oft net vill Moyenen zur Verfügung hunn - dat wësse mer alleguerten - fir administrativ Tâchen an oft elo schonn iwwerwältegt si vun hire Verlichtungen, zum Beispill bei deene Formalitéiten, déi se mussen maache mam Registre



de commerce. Also, eng ganz berechtegt Suerg!

An de Wonsch ass iwwer all Bänke geäussert ginn, dass de Ministère oder de Gestionnaire vum Regëster hei soll kloer Richtlinne formuléieren, fir de Veräiner ze hëllefen, fir hiren Obligatiounen hei nozekommen a fir de Veräiner hiert Liewen hei esou liicht wéi méiglech ze maachen.

An do gëllt et ze kucken, Här Minister, an ech huelen un, dass Der nach dorobber wëllt agoen, ob een d'ASBLen net eventuell ka vun der Formalitéit vun der Carte d'identité dispenséieren, déi jo fir de Moment virgesinn ass am Projet de règlement grand-ducal. Mä, wéi gesot, vläicht gitt Der nach heirop an.

En anere sensibele Punkt, spezifesch am Kontext vun de Veräiner, ass dee vun der Responsabilitéit. Et ass kritiséiert ginn, dass d'Entitéiten, déi eng falsch oder inkomplett oder net aktuell Informatioun ofginn, bestrooft gi mat enger Amende vun 1.250 bis zu 1.250.000 Euro. Allerdéngs, an dat ass e ganz wichtege Punkt, gesäit den Text vir, dass dat muss „sciement“ geschéien, dat heescht, dass hei wëssentlech muss eng Infraction kommen. Dat heescht, dass Leit, Responsabelen vu Veräiner, also wëssentlech eng falsch Deklaratioun musse maachen, fir dass dat strofbar ass. Also, dee sougenannten „dol spécial“ aus dem Stroferecht ass hei exigéiert.

Et kann een also, wéi gesot, bedauern, dass Veräiner hei ënnert dëst Gesetz falen, mä op där anerer Säit léisst déi véiert Direktiv eis net vill Choix, léisst eis keng Marge de manœuvre: All juristeschen Persounen, och ëffentlech Etablissements an ASBLen, falen heirënner. Hei muss een, wéi gesot, de gesonde Mënscheverstand walte loosse.

An d'Remark an der Kommissioun, dass hei méiglecherweis elo de Beneficiaire vun enger neier Tuba an enger Fanfare oder vun enger Bourse de Bénéficiaire effectif wier, ass, mengen ech, net richtig. Wéi gesot, de Bénéficiaire effectif ass deen, deen d'ASBL kontrolléiert. Et ass also de Comité, deen hei muss ugi ginn am Regëster, an net d'Lëscht vun de Memberen oder de Beneficiaire vun engem neien Instrument.

Par contre bleift d'Ugab, wat d'Natur an d'Ausmooss vun den „intérêts effectifs détenus“ sinn, bei deenen net kommerziellen Entitéiten evidemment blank. Dat heescht, do kënn keng Indication. Dat ass net applikabel. An och dat ass ganz kloer gesot ginn an der Kommissioun.

Déi Notioun vun den „intérêts effectifs détenus“ deckt iwwerdeems Aktien oder aner Interessen a Gesellschaften of, ënner welcher Form och ëmmer, an ass nëmme pertinent bei kommerzielle Gesellschaften.

Nach kuerz, wat de Fonctionnement vum Regëster ugeet: D'Gesetz schreift a sengem Artikel 3 vir, dass eng Partie Informatiounen iwwert d'Bénéficiaires effectifs vun deenen Entités immatriculées mussen am Regëster ageschriwwen ginn a konservéiert ginn.

Et handelt sech hei, fir et kuerzzehalen - an dat sinn déi Informatiounen, déi och am Artikel 30 vun der Direktiv exigéiert sinn -, ëm den Numm, d'Nationalitéit, de Geburtsdatum an d'Gebuertsplaz, d'Plaz vun der Residenz, déi privat oder déi berufflech Adress an eng national oder auslännesch Identifikationsnummer. Ausserdeem mussen d'Natur an d'Ausmooss, wéi gesot, vun deenen Intérêts effectifs détenus gemellt ginn.

All dës Informatiounen mussen iwwregens vun de Bénéficiaires effectifs kommen, dat heescht vun deene Leit, déi in fine concernéiert sinn. An hei gesäit den Artikel 17 vum Gesetz eng Pflicht vir fir déi Leit, fir der Entité immatriculée, déi Informatiounen ze liwweren.

Gesellschaften, déi op engem reglementéierte Marché cotéiert sinn, si vum Regëster ausgeholl a Konformitéit zur Direktiv. Dat ass och elo schonn d'Léisung am Gesetz iwwert d'Geldwäschbekämpfung. Och do sinn déi Entitéiten, déi cotéiert sinn, net viséiert.

Déi betreffen Entitéiten hu sechs Méint ab dem Akraaftriede vum Gesetz, fir hir Informatiounen beim Regëster anzuschreiwen, no der Disposition transitoire vum Gesetz. Also ab sechs Méint gëtt de Regëster dann och eréischt accessibel. An duerno mussen d'Ännerungen an engem Delai vun engem Mount beim Regëster gemellt ginn.

Fir Dateschutzzwecker ass de Ministère de la Justice responsabel fir den Traitement. An de Gestionnaire souwéi och den CTIE fir den informa-

tesche Volet sinn d'Sous-traitanten, wat den Dateschutz ugeet.

Et ass gesot ginn an der Kommissioun, oder behaupt ginn, dass de GDPR, also d'Dateschutzreglement, hei géif ausgehiewelt ginn. Ech mengen net, dass dat ganz richtig ass. Mir sinn hei an enger Matière spéciale, wou de Législateur an och de Législateur européen am Beräich vun der Geldwäschbekämpfung e speziellen Traitement virgesinn hu vun deenen Informatiounen, déi och an der véierter Direktiv iwwert d'Geldwäsch virgesi sinn, soudass mer hei, mengen ech, an enger e bëssen exceptioneller Situatioun sinn au regard vum Dateschutz.

D'Inscriptiounen an de Regëster ginn ënner elektronischer Form gemaach, esou wéi dat elo schonn de Fall ass beim elektronische Firmeregëster. Hei gëtt et och Prozeduren, wéi dat ofzelafen huet. An ech verweisen hei op den Artikel 7 vum Gesetz.

Et ass och e Mechanismus virgesinn, duerch deen d'Persounen, déi de Regëster consultéieren a feststellen, dass e Feeler virläit bei enger ageschriwwener Entitéit, dat bannent engem Mount ze mellen hunn.

Här President, mir haten och vill Diskussiounen iwwert d'Zougangsrecht zum Regëster, den Droit d'accès. Den Accès ass illimitéiert fir national Autoritéiten - d'Police, d'Autorités judiciaires wéi de Parquet, d'Steierverwaltungen, d'CSSF, de Commissariat aux assurances an och de SREL -, mä en ass och op, wéi scho gesot, wann och an engem méi limitéierten Ausmooss, fir Professionen, déi dem Geldwäschgesetz vun 2004 ënnerleien, an ebe fir d'Effentlechkeet.

D'Consultatioun mécht sech ënner elektronischer Form no Kritären, déi am Règlement grand-ducal d'exécution virgesi sinn. An d'Consultatioun ass gratis, mä wann een en Extrait freet, da kascht dat eppes, e bësse wéi dat och elo de Fall ass beim Registre de commerce électronique.

D'Gesetz gesäit och vir, dass ee kann eng Limitatioun vum Accès op verschidde Persounen froen - dat sinn d'Autorités nationales, d'Notairen an d'Banken -, wann ee Grënn huet, ëm seng Sécherheet ze fäerten, zum Beispill Fraude, Kidnapping, Extorsion oder Gewalt, oder wann de Bénéficiaire effectif e Minderjärege ass.

D'Interpretatioun vum Bien-fondé vun deene Grënn dierft juristeschen interessant ginn. Dat ass eng Notioun, déi net ganz gutt encadréiert ass, an do dierf ee gespaant sinn, wéi dat ausgeleecht gëtt. Déi Limitatioun dierf iwwregens just fir e Maximum vun dräi Joer gefrot ginn.

Am Fall vun eng Radiation vum enger Entité immatriculée aus dem Firmeregëster mussen d'Informatiounen an d'Pièces justificatives nach während fënnf Joer konservéiert ginn.

Et sief nach erwäant, ech hat dat scho kuerz gesot, dass d'Gesetz och Strofe virgesäit, wann Entitéiten oder Bénéficiaires effectifs hire Meldeflichten net an den Delaien nokommen oder Informatiounen matdeelen, déi net korrekt, zoutreffend an aktuell sinn. Déi Strofe ginn, wéi gesot, vun 1.250 bis 1.250.000 Euro. Déi mussen dissuasiv genuch sinn, fir d'Entitéiten dozou ze incitéieren, sech hei an dës Verpflichtungen ze halen an net einfach dorop ze verzichten.

Här President, ganz zum Schluss nach zwou Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun haten, déi, mengen ech, och net onwichtig sinn. Déi eng betrëfft d'FCPen an d'SICAVen. Et ass gesot gi vu verschiddene Säiten, dass mer hei e Problem hätten, well et effektiv oft esou ass, dass et bei deene Fonds communs de placement, mä och bei verschiddene SICAVe ganz schwéier ass, fir un den Endbeneficiaire ze kommen.

An hei ass och kloer gesot ginn an der Kommissioun, an ech mengen, dat wier eng wichteg Informatioun och fir d'Akteuren dobaussen an der Fongewelt, dass hei erëm eng Kéier den „fallback“ zielt, dat heescht, dass een da muss an deem Fall op de Conseil d'administration goen vun deenen Entitéiten oder vun deene Fongen. An et sinn déi, déi een da muss uginne am Regëster vun de Bénéficiaires effectifs.

Déi aner Diskussioun, déi mer nach haten, betrëfft den Tracage, déi sougenannten Novollzëibarkeet doriwwer, wien an dee Regëster do eragekuckt huet. An do gouf gesot, dass et bei eis just en Tracage gëtt, wann et eng Autorité nationale ass, déi Asiicht huet. Dat gëtt iwwer e securiséierten Accès gemaach an dat kann een och retracéieren. Soss ass keen Tracage virgesinn, aus deem einfache Grond, well den Accès jo u sech ëffentlech an ouni Limit ass.

Voilà, domadder wär ech um Schluss vu mengem Rapport. Ech géif lech Merci soe fir Är Attention zu dësem ganz techneschen Projet. Ech si gefrot ginn, dat e bësse méi ausféierlech

ze maachen. Et war wahrscheinlech dofir, dass déi aner Kollege sech kënnen e bësse méi kuerzhalen. An ech géif dann och gären den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet abréngen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Fayot. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ech huelen awer nach e Patt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegeinnen a Kollegen, ech géif direkt ufänke mat engem ganz groussen Merci un de Rapporteur Franz Fayot, deen, wéi ech eigentlech fannen, op eng ganz iwwersiichtlech a kloer Aart a Weis en technesch komplizéierte Projet hei presentéiert huet, wat net einfach ass. Ech soen allerdéngs och direkt, dass ech mat enger ganzer Rei vu Konklusiounen, déi den Här Fayot hei zum Gesetz gesot huet, net averstane sinn. An ech wäert dann och versichen ze erklären, firwat.

Här President, ech mengen, dass dëst Gesetz an haaptsächlech déi Direktiven, déi à l'origine vun dësem Gesetz sinn, eng ganz laang Virgeschicht hunn. An ech gesinn hei eis Kollegin, d'Madamm Reding, dosëtzen, déi och schonn an hirem vieregte Liewe sécherlech mat deenen Direktiven hei beschäftigt war, well et geet u sech, an dat wëll ech hei och nach eng Kéier kloer betounen, ëm de Kampf géint d'Wäisswäsche vu Suen an den Terrorismus, wat och fir eis Fraktioun ganz, ganz wichteg Dossiere sinn, ganz, ganz wichteg Direktive sinn, déi mir natierlech 100%eg a voll ënnerstëtzen.

Allerdéngs kann ech mech erënneren, Dir Dammen an Dir Hären, dass schonn zu Bréssel souwuel um Niveau vum Conseil wéi awer och um Niveau vum Europaparlament am Virfeld laangwierig a schwierig Diskussiounen waren. Am Ufank sollt den Accès op dee Regëster limitéiert sinn, herno ass e méi grouss opgemaach ginn. Elo ass e quasiment ..., oder en ass fir all Bierger op. An ech mengen, d'Komplexitéit vun deem Projet gesäit een eigentlech och dodran, Här President, dass 21 Länner bis elo net transposéiert hunn. Dat heescht, 21 Länner hunn am Moment déi Direktiv nach net transposéiert. An den Här Minister huet et gesot, an ech wäert och nach dorobber ze schwätze kommen, dat ass net ganz glécklech, well mir sinn alleguerten ënnert dem Drock vun enger Evaluatioun vum GAFI, och déi aner Länner. Mä trotzdem gesäit een, dass trotz deem Drock awer nach ganz vill Länner bis elo net transposéiert hunn.

Ech wëll och direkt virausschécken, Här President, dass mir och fundamental Problemer hu mat der Direktiv selwer. Do maache mer natierlech keng Reprochen, Här Justizminister, un lech. Mir wëssen, dass Dir musst déi Direktiv do transposéieren. Ech kommen awer herno och nach eng Kéier drop zrëck, firwat dat mir do méi fundamental Problemer hunn. An ech mengen, et ass eng wichteg Diskussioun, déi mer och dozou musse féieren. Dat heescht, wann ech mech herno e bëssen hei wäert opreegen, dann ass dat net un Är Adress an och net un d'lëtzebuergesch Regierung, dann ass et éischter un d'Adress vun der Kommissioun a vu Bréssel geriicht.

(Interruption)

Doriwwer eraus kritiséiere mer awer och, Här Minister, d'Aart a Weis, wéi dës Regierung déi Direktiv hei ëmsetzt. An do sidd Der an der Responsabilitéit. An ech huelen dat och scho viraus: Mir wäerten déi Direktiv net stëmmen, mir wäerten eis enthalten, well mer och der Meinung sinn, dass déi Direktiv net esou ëmgasat ginn ass, wéi se hätt sollen a missen ëmgasat ginn. Mä dorobber wäert ech nach eng Kéier ze schwätze kommen.

Elo erlaabt mer awer, kuerz eng Kéier op den Historique anzegoen, an do kommen ech awer net derlaanscht, hei Kritik un der Regierung an un der Prozedur ze artikuléieren. Ech mengen, den exzellente Rapporteur huet et virdru gesot: D'Chamber ass eigentlech just eng Kéier iwwert dëse Projet informéiert ginn, an dat war, Dir Dammen an Dir Hären, ech ka mech ganz genau erënneren, op Kleeserchersdag 2017! Et ass also e ganz Joer hier, dass deemools zwou Kommissiounen de Projet vun deenen zwee Ministeren, vum Här Braz a vum Här Gramegna, exposéiert kritt hunn. Dorobberhin hate mer eng ganz flott Diskussioun. Ech wëll do net méi am Detail drop agoen. Duerno, Här President, hu mer während engem ganze Joer - engem ganze Joer! - näischt méi zu deem Projet héieren!

Et ass virdru e bëssen ugeklongen, och beim Här Minister, dorunner wäeren d'Wahle schold

gewiescht. Elo muss ech awer soen, zu deem Projet sinn 21 Avisen erakomm, an déi meescht Avisen, Dir Dammen an Dir Hären, sinn an deenen éischte véier Méint dozou erakomm! Natierlech, duerno sinn der och nach komm, mä wannechgelift, déi fréier Chamber huet u sech getaaht bis de 15. September. Ech ka mech nach erënneren, an den Här Roth kuckt mech un, dass mer do nach eenzel Kommissiounssitzungen haten. Ech ka mech awer net erënneren, Dir Dammen an Dir Hären, dass mer eemol heizou an der Kommissioun diskutéiert hunn! An ech muss lech awer soen an ech hoffen, Här President, dass dës Chamber sech méi eescht hält wéi déi viereg.

Den Här Bodry ...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dat wollt ech soen! Et kann een net der Regierung de Virwurf maachen. Mir mussen eis selwer mat der eegener Nues huelen, wann esou e Projet ass, dass mer net nofroen a selwer um Ball bleiwen.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, elo wëll ech awer mat allem Respekt, Här Bodry, hei soen, et ass awer net un der Opposition, hei ...

(Interruption par M. Alex Bodry)

Nee, nee, nee! Nee, nee, nee!

(Interruption par M. Alex Bodry)

Neen, hei ass et net un der Opposition, an de Kommissiounen Drock ze maachen, dass Projeten op den Ordre du jour kommen! Also mat allem Respekt ...

(Brouhaha)

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ... dass Projeten op den Ordre du jour kommen?

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Dir maacht permanent Drock!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Wivill där Bréiwer schreift Der?

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, mä, Här Bodry, hei ass e Projet, deen ass vun der Regierung op den Ordre du jour komm, an et ass net un der Opposition, do permanent nozefroen - permanent nozefroen! -, wou dee Projet drun ass. Ech mengen, d'Majoritéit ...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Mir hunn do gemeinsam d'Responsabilitéit.

(Brouhaha)

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här President!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Jo.

► **Une voix.** - Elo op eemol?!

(Interruptions diverses et coups de cloche de la présidence)

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Lo ass et op eemol: „Mir si gemeinsam“, oder wéi?

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Mir hunn eng gemeinsam Responsabilitéit. Als Institution!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Mosar huet d'Wuert!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - D'Madamm Reding laacht hei. Ech wëll lech soen, d'Madamm Reding huet déi Direktiv matgestëmmt am Europaparlament, déi Dir esou kritiséiert.

► **Plusieurs voix.** - Ah!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ech si virwëtzeg, wéi se haut ofstëmmt.

► **Plusieurs voix.** - Ah! Très bien !

(Brouhaha)

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här Bodry, ...

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Wannechgelift! Den Här Mosar huet d'Wuert.

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - A wéi ee Minister war dat dann, dee se mat zu Bréssel ugeholl huet?

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här Bodry, ech verstinn ...

(Interruption par M. Alex Bodry, brouhaha général et coups de cloche de la présidence)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Hei wannechgelift! Wannechgelift!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ech verstinn, Här President, d'Nervositéit, déi hei op menger lénsker Säit kënnt.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Mä ech géif awer wierklech ...

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Wannechgelift!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - ... lech bieten, hei kënnen virunzefueren.

Ech wollt dat och soen, Här Bodry, fir dass mer eis an Zukunft verbessern! Mir alleguerten, well dat doten ass ...



► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Wann ech et soen, ass et schlecht, a wann Dir et sot, ass et gutt, oder wéi?!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ... keng Aart a Weis, Här Bodry, dat ass keng Aart a Weis, fir ze legiferéieren.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ganz richtig!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Mir hunn, d'Chamber mat der Regierung zesummen, mir hunn dësen Dossier net esou instruéiert, wéi mer dat hätte solle maachen.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ah!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Mä maacht awer elo wannechgelift net der Oppositoun do de Virwurf!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dat hunn ech jo net gemaach. Ech hu gesot ...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dat konnt een awer e bëssen tëschent den Zeile liesen.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Oh, allez, allez !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Hei, loosst wannechgelift den Här Mosar elo weiderfueren!

(Interruption par M. Alex Bodry)

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här Bodry, ech weess, datt Dir dat do net gär héiert!

(Coups de cloche de la présidence)

Hei ass während engem Joer ...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- ... méi uechtzedoen op déi doten ...

► **Une voix**.- ... huelt dat emol zur Kenntnis!

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Hei, wannechgelift!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här Bodry, ech hoffen, datt ech elo kann ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Et huet just een d'Wuert elo de Moment an dat ass den Här Mosar!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President, ech hoffen dat, well soss dauert et nach méi laang. Mir sinn alleguete frou, wann déi laang Sitzung eng Kéier zu Enn kéinnt.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Oh, mir hu gutt Zäit!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Alles gutt. Mir hunn och Zäit, Här Bodry.

Ech mengen also, fir op dësem Punkt ofzeschléissen, datt sécherlech Loft no uewen ass an datt mer mussen, wa mer eis och als Parlament wëllen eescht huelen ... Besonnesch Projekte wéi deen hei, dee fundamental Froen opwerft, fundamental Froen, an den Här Rapporteur huet dat exzellt hei duergeluecht! Liest déi Avisen, déi heizou formuléiert gi sinn! Liest zum Beispill d'Avisé vum Statsrot! Liest d'Avisé vun der Chambre de Commerce! Liest d'Avisen oder den Avis, fir mech dee wichtigsten Avis, vun der CNPD zu dësem Projet! Do gesäit een, datt hei wierklech fundamental Problemer opgeworf sinn.

An ech kommen dann, Här President, well mer och (veuillez lire : well mer net) d'accord ware mat där Prozedur, wou quasiment sollt am Ufank an enger Sitzung - Här Bodry, an enger Sitzung - den Examen du texte gemaach ginn, sollten all d'Avisé gekuckt ginn a sollt de Rapport ugeholl ginn ... An nëmmen duerch d'Interventioun vun der Oppositoun, vun der CSV, ass et zu deenen zwou Sitzunge komm, déi den Här Fayot virdrun ervirgestrach huet.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Et gouf gemeinschaftlech decidéiert.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Neen! Et war gemeinsam, Här Bodry, nëmme well mir drop insistéiert hunn, datt et zu enger Analys Artikel fir Artikel komm ass! Dat ass op Instance vun der Oppositoun komm. An duerfir hate mer véier, fënnel Stonnen. Ech mengen, den Här Braz, den Här Minister soll eis dankbar sinn, datt dës Kommissioun herno trotzdem während fënnel Stonne sech intensiv mat dësem Projet beschäftege konnt.

Elo muss ech lech awer soen, datt an där Diskussioun, déi do gefouert ginn ass, quasiment all d'Froe vun der Oppositoun gestallt gi sinn. Gott sei Dank, an dat well ech och emol eng Kéier hei ervirhiewen, hunn awer eenzel Kolleege vun der Majoritéit, vun der DP, d'Madamm Beissel, den Här Arendt, och emol dozou eng Fro gestallt, well et stelle sech am Fong ganz vill Froen. An ech wäert och nach dorobber zrëckkommen.

Do, wou ech awer schrecklech enttäuscht sinn, Här President, dat ass: Hei geet et ëm Dateschutz, hei geet et ëm Dateschutz, eppes extrem Wichtiges! Ech hunn, muss ech soen, an där Kommissioun ganz weínege héiere vun eise grénge Kolleege, fir net ze soe guer

näischt zu engem Sujet, deen hinnen um Häerz läit. Mä wou ech awer nach vill méi enttäuscht sinn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn eis Piraten!

(Hilarité et brouhaha général)

► **Une voix**.- Wat hu mir eng Chance!

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ech si jo e Mënsch, dee sech ëmmer informéiert an deen och, wat den Dateschutz betrëfft, eng grouss Sensibilitéit huet. Ech ka mech erënnere, wéi d'Piraten ugefaangen hunn, jo, net nëmmen d'Piraten hei zu Lëtzebuerg, och d'Piraten an Däitschland, iwwerall: Hiert Haaptuleies war den Dateschutz! Ech ka mech erënnere, wat se alles iwwert d'Vorratsdatenspeicherung gesot hunn. Hei kéinnt e Projet, an ech kommen nach drop ze schwätzen, wou et ëm fundamental Rechter vu Bierger geet, iwwert den Dateschutz!

Den Här Goergen souz do. Ech hunn näischt vum Här Goergen héieren! En huet ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Mosar, sidd Der d'accord, datt den Här Clement lech eng Fro stellt?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Neen, den Här Goergen huet jo herno d'Recht, drop ze äntwerten. Da kann den Här Goergen dat maachen. Ech wollt domadder soen - an hei si vill Zeien -, den Här Goergen hat zwar Sätzlieder, e souz déi fënnel Stonnen do. Ech hunn awer net eng Fro, net eng Fro vum Här Goergen héieren!

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Well mir d'Gesetz liese kënnen, Här Mosar!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- A wann een e bësselchen esou kuckt, wat an de leschten Deeg esou mat eise Piraten ëm sech geet, an dat huet net nëmmen eppes hei mat dësem Gesetz ze dinn ... D'Piraten hunn ëmmer gesot, si géifen d'Chamber wëllen enteren. Dat hu se och fäerdegbruecht. Mä entre-temps hu se och d'Regierung geëntert, Dir Dammen an Dir Hären, well op deem Boot sinn net nëmme méi dräi Segelen, mä et ass elo e véiert Segel derbäi, dat ass d'Segel vun de Piraten.

► **Une voix**.- Ah!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- A mä ganz gudd Frënd, den Här Roth, hat geschwat dovun, datt mer net méi Gambia 1 hätten - well hei ëmmer gesot gëtt, datt „Gambia“ net schéi wär -, mä en huet gesot: „Et ass Bettel 2.“ Mä entre-temps si mer bei Reebou 3!

(Hilarité)

An ech mengen, Här Braz, do sidd Der d'accord, datt mer deen Numm an Zukunft bäibehalen, well dat ass e schéinen Numm, dat ass en Numm, dee steet fir d'Sonn a fir de Reen, e bëssen esou äänlech fonctionnéiert och d'Regierung.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

An duerfir si mer frou, datt mer dann elo an Zukunft eis och kënnen e bësselche mat der neuer Reebou-Koalitioun auserneesetzen.

(Brouhaha général)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen awer elo erëm op de GAFI zrëck, deen dem Här Justizminister jo och als Argument gedéngt huet, an dat hu mer verstanen, Här Minister, an duerfir si mer och d'accord gewiescht, op déi e bësse méi acceleéiert Prozedur do zrëckzegräifen.

Ech wollt awer zum GAFI eppes soen. Dir wësst, Här Minister, ech hu quasiment - an ech huelen de fréiere Chamberspräsident als Zeien - keng Ried, déi ech hei an deene leschte Jore gehalen hunn, wou ech net ëmmer erëm op d'Wichtigkeet vun der Evaluatioun vum GAFI higewisen hunn. Elo setze mer hei e Gesetz ëm, wat ganz wichtig ass, Här Minister, do si mer eis eens. Mir wëssen awer och, datt et net nëmmen eng Fro vun „implementation“ ass, mä och vun „effectiveness“. „Effectiveness“ ass notament eng Fro, déi sech stellt. An dat ass déi, wivill Condamnatione vun de Gerichter an der Finanzkriminalitéit, am Wäisswäsche vu Suen an deene leschte Jore prononcéiert gi sinn. Et sinn eenzelner prononcéiert ginn. Mä ech mengen, Dir sidd mat mir d'accord, an et ass kee Virwurf un lech, et ass just eng Feststellung, datt mer do net ganz gutt leien.

An dann, Dir Dammen an Dir Hären, elo kommen ech awer net derlaanscht, dat eng Kéier ze soen: Mir kréien elo eng Evaluatioun vum GAFI. Mir wëssen, wat alles déi lescht Jore geschitt ass. Mir wësse besonnesch, wat 2016 geschitt ass: Do hätte mer d'Panama Papers. Abee, ech froe mech, wat de GAFI seet, wann e feststellt, datt, véier Méint nodeem de Panama-

Papers-Skandal explodéiert ass, eis Regierung an der Persoun vum Étienne Schneider iwwert d'SNCI eng Participatioun vun zwielef Milliounen an enger Delaware-Gesellschaft geholl huet, an enger Offshore-Gesellschaft, ech well dat nach eng Kéier betounen. An Dir ditt mer leed, Här Justizminister, Dir kéinnt net do derfir, datt Dir herno musst dat dote verteidegen.

Mir ginn heihinner, mir maachen hei Gesetzer - an ech kommen nach dorobber ze schwätzen -, wou mer wëlle géint d'Wäisswäsche vu Sue virgoen, wou mer gär hätten, datt méi Transparenz misst kommen. Eis Regierung, déi viregt Regierung geet dohinner an investéiert zwielef Milliounen Euro an eng Offshore-Gesellschaft! Ech froe mech, Här Minister, wéi Der dat herno wäert justifiéieren.

Ech kommen zum Fong vum Projet.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- An ech well direkt eppes ganz kloer ënnersträichen: Mir hu mat verschiddenen Dispositiounen vum deem Projet iwwerhaupt kee Problem. Dat sinn all déi Dispositiounen, déi kommerziell Gesellschaften betreffen, well mir och, grad ewéi Dir, fir Transparenz sinn, wat eppes Wichtiges ass.

Et sinn eng Rei Froen, den Här Fayot huet déi opgeworf, do well ech net nach eng Kéier drop agoen. Ech si ganz mat em d'accord, och iwwert déi Problemer, déi sech do stellen. Mir géifen eis just wënschen, datt deen zukünftege Regëster mat deem néidege Pragmatismus och déi dote Froen ugeet.

Do, wou mer awer e risege Problem hunn, muss ech lech soen, Här Minister, dat ass, datt dëse Projet sech net nëmmen op kommerziell Gesellschaften applizéiert, mä, wéi de Rapporteur et richtig gesot huet, op ASBLen, op Établissement-publicken, op Fondationen an esou virun an esou weider.

Elo, neen, ech hu jo gesot - nach eng Kéier -, et ass keng Kritik, déi ech un lech adresséieren. Ech widderhuelen et nach eng Kéier: Et ass einfach eng Kritik, déi mir un déi Direktiv adresséieren.

Do wäert et also an Zukunft esou sinn, an dat ass virdru jo hei erkläert ginn, datt all ASBL ... An ASBL, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn Dausende vu Veräiner, Dausende vu Veräiner mat Dausende vu Memberen, déi sech Dag an Nuecht krepéiere fir hire Veräin. A mir selwer, alleguete wéi mer hei sëtzen, si Member a ville vun deene Veräiner. Dës Veräiner mussen elo, an dat ass och richtig, datt ass gesot ginn, schonn en Depot um Registre de commerce maachen. Mir wëssen awer och, Här Minister, Här President, datt der ganz vill dat net maachen. Firwat maache se et net? Well och deelweis keng Sanktioun virgesinn ass.

Hei mussen an Zukunft elo, Dir Dammen an Dir Hären, all ASBLen, an dat si wéi gesot net nëmmen d'Sports- an d'kulturell Veräiner, dat sinn zum Beispill och déi ganz vill ONGen, déi eng super Aarbecht hei zu Lëtzebuerg an iwwer eis lëtzebuergesch Grenzen eraus maachen, deen Depot maachen. Och d'Communauté-religieuse mussen dat maachen, wou ech mer och d'Fro stellen, wéi mer hei par rapport zum Exercice vun der Liberté religieuse stinn.

Alles dat si Froen, déi mussen hei erlaabt sinn, opgeworf ze ginn. A mir stellen einfach fest, ...

(Interruption par M. Alex Bodry)

Mir stellen einfach fest, Här Bodry, datt dat doten also an Zukunft eng Erausforderung ass, déi op d'Veräiner zoukéint.

An da wollt ech awer eppes soen, fir och dem Här Rapporteur ze äntweren. En huet gesot, et géif duergoen, wann déi Deklaratioun just gemaach géif ginn um Niveau vun de Comitéen, also de Conseilen. Ech hunn déi Fro - an d'Kolleege, déi an der Commission juridique derbäi waren, kënnen dat soen -, ech hunn een-, zweemol d'Fro gestallt un deen zoustännege Beamten, fir ze froen: Ass de Veräin ofgedeckt par rapport zum Text vun der Direktiv, wann en dat do mécht? Ech hunn do keng kloer Äntwert kritt. De Minister kann eis da vläicht herno nach eng Kéier soen, wéi dat ass.

Ech hu verstanen, datt et un all Veräin selwer wär, fir ze decidéieren, ob mam Depot just vun de Membere vum Conseil der Direktiv an dem Esprit vun der Direktiv Genüge gedoe wär. Mä et ass net kloer aus den Aussoe vum Minister erausgaangen, datt et domadder géif duergoen. Ech mengen, dat ass eng wichteg Präzisioun, déi ech hei well ginn. Ech mengen, Här Fayot, den Här Minister kann herno vläicht dorobber äntweren. Et mécht och elo kee Sënn, wa mer eis nach ganz laang mat där Fro do beschäftegen.

Eng aner Fro, an do sinn ech och net ganz mat lech d'accord, Här Fayot, ass déi, wat d'Amendé sinn. Do hutt Dir gesot, et sinn Amendé virgesinn tëschent 1.250 Euro an 1.250.000 Euro bei enger falscher oder enger

onkompletter Deklaratioun. Do well ech just soen, déi sinn och virgesinn, wann ee keng Deklaratioun mécht. Wann ee keng mécht, spillt dat och!

Elo wësse mer alleguerten, datt mer hei eng Iwwergangsphas wäerte kréie vu sechs Méint, wou dann all d'ASBLen, d'Veräiner Zäit hunn, fir dat doten ze maachen. Elo muss ee just wëssen: Wien no deene sechs Méint dat do net gemaach huet, dee riskéiert eng Amende, déi ufängt mat 1.250 Euro. Mir schwätzen hei vu Leit, déi benevöll a Veräiner schaffen. Wann ech dat richtig verstanen hunn, ass dat eng Condamnation, déi da wäert géint de Veräin, géint d'ASBL kommen. Ech brauch elo net ze soen, datt ganz vill Veräiner emol net esou vill Suen op hire Konten hunn; fir dat doten och eng Kéier ze präziséieren.

Ech muss lech also soen - an et kritt een hei ganz vill Beispiller -, datt mer amgaange sinn, hei e Gesetz ze maachen, wou mer de Veräiner, deenen Dausende vu Benevollen zousätzlech Verpflichtungen, Tracasserien imposéieren. An, an dat ass vläicht fir mech dat wichtigst Element, Här President an Här Minister: Hei gëtt vu virean e Generalverdacht expriméiert, e Generalverdacht géint déi Dausende vu Benevollen, déi an deenen doten Associatiounen schaffen. An, dat muss ech soen, dat ass grav!

A wann ech da virufueren, an dat ass dat, wat mech perséinlech extrêmement opreegt, wann Der deen Text elo virukuckt, an Dir kuckt, wien alles do drafält - mä dat ass manner interessant -, da stellt Der fest, datt all déi Entitéiten, déi net an engem Land vun der Europäescher Union respektiv an engem Land vum Espace économique européen dra sinn, net drafalen! Dat heescht, datt muer all déi englesch Gesellschaften, ech schwätzen emol net vun de Kanalinselen, mä déi normal englesch Gesellschaften hei net drafalen.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- All d'Gesellschaften ausserhalb vun der Europäescher Union falen net dran. Dat muss ee sech emol virstellen: Mir maachen hei e Gesetz géint de Blanchiment, géint den Terrorismus, an d'Offshore-Gesellschaft vun dëser Welt falen iwwerhaupt net an de Champ d'application vun dësem Gesetz!

Fir lech e Beispill ze ginn, fir et ganz einfach auszedrücken: Meng ganz gutt Kolleegin aus dem Stater Schäfferot, d'Madamm Beissel, presidéiert eng vun deene beschte Stater Museken, déi Hollerecher Musek. Si muss also elo, wann d'Gesetz a Kraaft ass, den Depot maache vun hirem ganze Conseil. Si wäert dat ouni Problem maachen. Dat ass also am Gesetz.

Den Här Étienne Schneider awer, deen net méi an enger Offshore-Gesellschaft ass, mä wann den Här Étienne Schneider nach dra wär, da bräicht den Här Étienne Schneider deen Depot do net ze maachen! Dat muss ee sech einfach emol virstellen, wat mir hei fir Gesetzer maachen! An nach eng Kéier, Här Minister, dat ass elo net e Reproche ...

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- En „Client 3444“ och net méi, oder, Här Mosar?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Da kommen ech awer, Här President, op de Punkt, wou mir net averstane sinn, wéi d'Regierung dës Direktiv ëmsetzt. Do sinn haaptsächlech zwou Kriticken:

Déi éischt Kritik, déi ass och schonn ugeschnidde ginn, dat ass, datt iwwert dat eraus zum Beispill an Ärem Projet de règlement grand-ducal och elo nach gefuerdert gëtt, datt niewent all deenen Informatiounen, déi hei musse gi ginn, an den Här Fayot huet déi exzellt beschriwwen, d'Leit och nach missten eng Kopie vun der Carte d'identité hannerleeën. Dat steet net an der Direktiv dran, dat ass eng zousätzlech Konditioun, déi hei gefuerdert gëtt an déi d'Saach nach méi schwéier mécht. Wann Der elo nach de Leit net nëmme sot: „Gitt d'Nimm an d'Virnimm an d'Adressen deposéieren!“, mä och nach: „Gitt bei Är Memberen eng Kopie vun der Carte d'identité sichen, fir datt Der déi och nach derbäileet!“, mä do fanne mir einfach, dat wär net néideg gewiescht!

Ech hunn awer hei verstanen, Här Minister, Här Rapporteur, datt do vläicht elo de Minister d'accord ass, fir eng Konzessioun ze maachen, wat mir op jidde Fall géife ganz staark appreciéieren.

Elo kéinnt awer dee Punkt, wou mer wierklech net mat der Regierung d'accord sinn, och wat d'Direktiv selwer betrëfft.

An där ominéiser RCPDs-Direktiv, eng, déi mer och intensiv hei diskutéiert hunn, déi am Juli



approuvéiert ginn ass, wou d'Madamm Reding ganz grouss Meritter huet, ...

► **Une voix.** - Dat ass e Règlement.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - ... do gëtt et eng fundamental Konditioun, déi do drasteet. Dat ass déi, datt am Interêt vum Dateschutz ëmmer muss en Traçage méiglech sinn. Wat heescht: en Traçage? Dat heescht, datt et muss méiglech sinn, datt deejéinegen, deem seng Daten do deposéiert sinn, kann a muss wëssen, wie seng Daten agekuckt huet.

Ech mengen, dat ass en normaalt Dateschutzrecht. Dësen Traçage ass zum Beispill, Dir Dammen an Dir Hären, am belsche Gesetz iwwert de Regëster virgesinn. En ass virgesinn! An anere Gesetzter ass en och virgesinn. Just hei zu Lëtzebuerg - just hei zu Lëtzebuerg - hu mir deen doten Traçage net virgesinn! An dat ass eppes, wat ech net verstinn, well hei geet et schlussendlech och ëm d'Rechter vun deene Leit, deenen hir Daten deposéiert ginn. A mir alleguer, déi a ville Veräiner sinn, mir wäerten also zu deene gehéieren, déi oft mussen an Zukunft hir Carte d'identité ginn an deenen hir Nimm sech wäerten an deem Regëster erëmfannen.

Mir ginn awer net gewuer - mir ginn awer net gewuer! -, wien déi Leit sinn, déi eis recherchéieren ginn. An ech fannen, datt dat e fundamentalen Defizit ass. A mir verstinn och net, Här Minister, firwat datt Dir net de Wee gaange sidd vun Äre belsche Kolleegen, déi deen Traçage expressement virgesinn hunn. Dat ass fir eis e ganz grouse Problem!

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zu menger Konkusioun. Dir verstitt, datt mer dëse Projet net kënnen stëmmen. Ech mengen, ech hunn dat elo kloer hei gesot.

► **Une voix.** - Dat verst mer net.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ech wëll awer op dee wesentlechen oder vläicht deen allerwesentlechste Punkt kommen, nämlech datt et sech hei bei deem Projet - an ech mengen, do sidd Der souguer mat mer d'accord, Här Minister - ëm e grouse Paradox handelt, nämlech deen, an do adresséieren ech mech - et ass elo keen hei - un d'Bréisseler Kommissioun ... Ech géif nämlech d'Madamm Reding ...

► **Une voix.** - Dir kennt lech jo un Är Partei adresséieren.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ech mengen, dat war och no der Zäit vun der Madamm Reding.

(Interruptions)

Här Minister, ech stellen eigentlech déi Fro: Wéi hält d'Europäesch Kommissioun et mam Dateschutz ...

► **Une voix.** - Frot de Kommissionspräsident!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - ... an domadder mat der perséinlecher Fräiheet vun all eenzelne Bierger, Dir Dammen an Dir Hären, well déi gëtt an dësem Gesetz ganz, ganz klenggeschriwwen? An an anere Beräicher gëtt et keen, an dat hu mer gesi virun e puer Méint, dee méi op den Dateschutz pocht wéi d'Europäesch Kommissioun. Do feelt et eis also ganz kloer u Kohärenz.

Mä zréck, Dir Dammen an Dir Hären, zu der Gretchefro vun der absolutter Pseudotransparenz, well dorëms, léif Kolleeginnen a Kolleegen, geet et eigentlech am Fong.

Si mir als Politik fir den absolutt gliesene Bierger, dee seng Privat-, jo souguer seng Intimsphär op der Place publique muss ausbreeden? Dierf dat iwwerhaapt e Stat, deen de Bierger hir Fräiheet soll a muss beschützen, verlaangen an där doter Form? Oder si mir der Meenung, datt Dateschutz in fine Mënscheschutz ass an datt et och an Zukunft e ganz perséinleche Beräich vu jiddwer Mënsch muss ginn, e sougenannten „jardin secret“, dee kee Stat dierf einfach esou beréieren?

A fir datt mer eis net falsch verstinn: D'Autoritéit vun der Police bis iwwert d'Justice, bis iwwert d'Sécherheet, dës Autoritéiten mussen natierlech am Fall vu Verdachtsmomenter vu Blanchiment wéi iwwregens bei all Zorte vu schwéier Kriminallitéit en direkten an illimitéierten Accès op all Informatiounen vum Bierger hunn, egal ob et sech ëm eng geschäftlech, zivill oder net lukrativ Aktivitéit handelt.

Mä dat ass hei, nach eng kéier, Dir Dammen an Dir Hären, net d'Fro. Wat awer och eng Fro ass doriwwer eraus, ass, ob all Bierger op der ganzer Welt hei Accès kritt. An dat wäert hei de Fall sinn: All Bierger op der ganzer Welt kritt hei en illimitéierten Accès op Informatiounen vu

Mënschen, déi net nëmmen hiert berufflecht, mä och nach hiert Privatiewe concernéieren, an dat ouni, Dir Dammen an Dir Hären, datt déi Betraffe selwer déi geréngsten Informatiounen kréien iwwert deejéinegen, déi an hiren Date recherchéieren a wullen!

An anere Wieder: Eis als CSV-Fraktioun geet et drëms, ze verhënnere, datt mir eng kéier moies fréi erwäche wéi am Kafka senger „Verwandlung“. Zwar an dësem Fall net als Ongeziffer, mä als een zudéifst zerbréchleche Glas-mënsch - Här Bauler - an enger orwellischer 1984er Welt, wou d'Humanitéit, wéi den Orwell et schreift, just nach an der mënschlecher Virstellung besteet a soss néierens méi. Esou wäit, an dat ass op jidde Fall d'Iwwerzee-gung vun der CSV-Fraktioun, dierfe mir et net komme loossen, och net ënnert dem Virwand vun enger falsch verstanener Transparenz.

Aus all dëse Grënn, ech hunn et gesot, muss mir eis bei dësem Gesetz enthalen, well fir eis ass a bleift d'Fräiheet dem Mënsch seng entscheedend Eegenschaft an déi wëlle mir ënner kengen Ëmstänn liichtfankeng opginn, och net mat där beschter Intentioun vun der Welt. Soss si mir ënnert dem Deckmantel vun der Transparenz ganz, ganz séier an enger Welt vun der Däischtert.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Mosar. Nächst ageschriwwen Riednerin ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Carole Hartmann (DP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll virop dem Rapporteur Franz Fayot Merci soen, souwuel fir säi schrëftleche wéi och fir säi mëndleche Rapport. No sengen ausféierlechen Explikatiounen wäert ech mech och net méi mat all Detail vun deem Text ofginn, mä mech a menger Ried op dat limitéieren, wat eis als DP-Fraktioun besonnesch wichteg erschéngt.

Et geet bei dësem Projet de loi wéi gesot ëm d'Schafe vun engem nationale Regëster vun de Bénéficiaires effectifs vu Sociéitéiten an aneren Entité-juridiquen. Mir transposéieren domadder net nëmmen den Artikel 30 vun der sougenannten AML 4-Direktiv, mä mir ginn och nach gläichzäiteg der Recommandatioun 24 vum Groupe d'action financière, oder kuerz dem GAFI, gerecht.

Dir wësst, et besteet an dësem Dossier eng gewëssen Urgence. D'Kommissioun huet nieft Irland a Rumänien och e Recours géint Lëtzebuerg virun der Cour de justice gemaach, well mir d'AML 4-Direktiv nach net ganz transposéiert hunn. D'Kommissioun huet der Cour proposéiert, Lëtzebuerg weinst der Nettranspositioun eng forfaitaire Zomm a sougenannten „astreintes journalières“ opzëerleeën, dat bis zum Dag, wou mir d'EU-Direktiv konform ëmsetzen.

Dat kéint eis also eng deier ginn, net nëmme finanziell, mä och wat eis Reputatioun ugeet. Besonnesch fir eis Finanzplaz wier dat net gutt. Déi steet awer am Moment erëm propper do an ass, dank den Efforte vun der leschter Regierung, op kenger groer a kenger schwaarzer Lëscht méi ze fannen.

Grad am Kampf géint d'Wäisswäsche vu Suen an d'Finanzéierung vum Terrorismus hu mir als wichteg international Finanzplaz Verantwortung ze iwwerhuelen a keen Zweifel un eiser Determinatioun opkommen ze loossen.

Här President, d'Lutte antiblanchiment ass ee Beräich, deen an de leschte Joren extrem séier evoluéiert huet an nach evoluéieren wäert. Ech denken dobäi zum Beispill un déi ganz Transparenzregele vun der sougenannter „Know your customer“-Approche iwwert déi ganz strikt Obligatiounen a Verhalensregele fir verschidde Beruffer bis hin zu méi héije Strofen, wann ee sech net un d'Regelen hält.

Knapps stëmme mir heibannen iwwert de leschten Deel vun der véierter Direktiv of, waart och schonn déi fënneft Direktiv, déi mir zu groussen Deeler a knapps engem Joer mussen ëmgemat hunn.

Mir wäerten an Zukunft och net nëmme vun der Kommissioun op d'Fanger gekuckt kréien, mä och vum GAFI. Ech erënneren drun, datt 2020 e GAFI-Rapport iwwer Lëtzebuerg kënnt. Do steet vill um Spill. Mir hunn also wierklech Interêt drun, eis Hausaufgaben ze maachen an d'Texter an d'Direktiven am Beräich vun der Wirtschaftsa- a Finanzkriminalitéit esou séier wéi méiglech a komplett ëmzesetzen.

Ech mengen, datt ee Lëtzebuerg bis dato am grouse Ganze kee Virwurf an dësem Beräich ka maachen, och wa mer heiansdo liicht a Verzuuch waren. De GAFI wäert d'nächst an d'iwwernächst Joer awer net nëmme kucken, weini mir déi eenzel Regeln ëmgemat hunn, e wäert

och analyséieren, wéi effektiv de legale Kader géint de Blanchiment a géint d'Finanzéiere vum Terrorismus ass. E wäert eis Prozeduren, Enquêtes a Poursuite vun de Strofdoten aus deem Beräich genauestens ënnert d'Lupp huelen a kucken, ob eis Texter dann och effikass sinn. Dat verlaangt Efforten op villen Niveauen. Et betrëfft net just de Finanzministère, mä och de Justizministère, d'Police, d'Cellule de renseignement financier, de Parquet an d'Tribunaler. Do si gemeinsam Efforten néideg.

D'DP begréisst an deem Kontext dofir och ausdrécklech, datt am neie Koalitionsaccord, Koalitionsprogramm steet, datt d'Moyene solle verstärkt ginn, fir d'Auteurs vun esou Strofdoten ze poursuivéieren. Dat steet eis gutt zu Gesiicht an et ass, wéi gesot, immens wichtig fir d'Reputatioun vu Lëtzebuerg, a besonnesch am Kontext vum GAFI-Rapport 2020. Dee wäert iwwerall op der Welt gelies ginn. Mir sollen dofir wierklech kucken, fir dann an engem gudden Liicht dozestoen.

Här President, no dësen allgemenge Virbemierkunge kommen ech awer op den eigentleche Projet de loi.

An der Commission juridique, an et ass elo scho gesot ginn, hate mir eng gréisser Diskusioun doriwwer, ob och ASBlen ënnert dësen Text fale missten, spréch ob si sech am Registre des bénéficiaires effectifs mussen aschreiven. Der Direktiv no mussen am neie Regëster d'Bénéficiaires effectifs vun all Sociéitéit a soss Entité-juridiquen ageschriwwen ginn. Domat sinn d'Personnes morales generell viséiert, dorënner och d'ASBlen. D'Direktiv léisst eis also kee Spillraum. D'ASBLE mussen och ënnert dat neit Gesetz falen. Och si kréien also mat dësem Text d'Obligatioun, sech an Zukunft mat hirem Bénéficiaire effectif am Regëster anzendroen.

Dat kann ee sécherlech engersäits bedauern, zemoos als Veräinsmënsch. Mir wëssen, wéi et am Moment ëm de Benevolat zu Lëtzebuerg steet. Et fënnt een ëmmer manner Leit, déi sech fräiwëlleg iergendwou fir d'Allgemengheet oder e Veräin engagéieren. Déi Leit si rar geséint an et soll een hir Gedold net nach zousätzlech mat esou Paperass strapazéieren.

► **Une voix.** - Très bien !

► **Mme Carole Hartmann (DP).** - Op där anerer Säit weess een, datt ebe grad esou „Nonprofit“-Organisatiounen alt dofir mëssbraucht ginn, fir Fongen a Suen ze detournéieren, spréch wäisszewaschen, oder fir soss kriminell Zwecker. Mir dierfen do kee Schlupfloch loossen a keng Entitéit vergiessen. Geld fënnt ëmmer säi Wee. Wa mir d'ASBLE géifen ausklameren, géifen déi an Zukunft ëmsou méi vulnerabel fir esou Detournementen ginn. Dat dierfe mir och net zouloossen. De Kampf géint de Blanchiment an d'Finanzéierung vum Terrorismus ass nëmmen effikass, wa mir an alle Länner all Eventualitéit esou gutt wéi et geet ausschléissen an de Krunn domadder generaliséiert zoudréien.

Ech mengen, et ass evident, datt den Text elo net primär op déi lokal Chorale oder op d'Amicale vun de Pompjeeë geménzt ass. Dat ass net den Zweck. Déi falen zwar elo och ënnert den Text, awer just, well se eben ASBLE sinn.

Et kann een a mengen Aen do net vun engem Generalverdacht schwätzen oder soen, den Text wier just do, fir d'Leit aus dem Benevolat ze schikanéieren. Et geet eenzeg an eleng drëm, fir de schwaarze Schof an deem Beräich d'Liewen duersch esou en transparente Regëster méi schwéier ze maachen.

Et ass an deem Kontext och wichteg ze präziséieren, datt net all eenzelne Member vun enger ASBL sech muss an dee Regëster androe loossen, mä ebe just Leit, déi eng effektiv Kontrollfunktoun an der Entitéit hunn. Et bezitt sech also zum Beispill net op all eenzelne Spiller aus engem Sportsveräin, mä just op déi Leit, déi d'Kontroll iwwert d'Entitéit hunn oder, wann déi net auszemaache sinn, op d'Dirigeanten. Ech mengen, dat relativéiert och scho vill Bedenken.

Här President, et kann een et dréien, wéi ee wëllt, et kommen elo mat dësem Gesetz trotzdem e puer Obligatiounen op d'ASBlen an domat op all Zort Veräiner duer. Mir sollten eis Veräiner mat deenen administrative Paperassen net eleng am Ree stoe loossen, well dat kéint effektiv zu gréisser Frustratiounen bei deene Betraffene féieren.

D'DP huet an der Kommissioun ënnerstrach, datt een den ASBlen zur Säit stoe misst an hinnen e Guide oder Formulaire-typpe misst zur Verfügung stellen, fir déi Aschreiwungs-demarchen an deen neie Regëster ze erliichteren. Hire administrativen Opwand soll sech esou kleng wéi méiglech halen.

Dat nämlech steet iwwregens och am Koalitionsprogramm vun der neier Regierung: D'Prozedur fir d'ASBLE sollen iwwerschaft a vereinfacht ginn.

Mir mengen och, datt den Delai vu sechs Méint, innerhal vun deem d'Bénéficiaire-effectifs ab dem Akraaftriede vun dësem Gesetz ageschriwwen mussen ginn, rasonabel ass. An där Phase transitoire mussen d'ASBlen dann elo och esou séier wéi méiglech iwwert déi uestoend Obligatiounen informéiert ginn an et muss hinnen ënnert d'Äerm gegräff ginn, fir datt si sech richtig a komplett am neie Regëster androen.

Wie kritt Zougang zu dem neie Regëster? Et ass scho gesot ginn, et ass elo jiddwereen an net nëmmen déi national Autoritéiten oder déi sougenannt „organismes d'autorégulation“, déi en Interêt légitime hunn, déi Accès op de Regëster kréie sollen. Mir ginn domadder méi wäit wéi d'AML 4-Direktiv et eigentlech freet. Mir setzen dofir awer schonn en Deel vum Text vun der fënnefter Antiblanchiment-Direktiv direkt ëm. Déi fënneft Direktiv, déi elo eréischt am Summer publizéiert gouf, schreift dat nämlech vir. Mir fänken also och direkt mat der Transpositioun vun der fuschneier Direktiv un a gi souzesoe vun der „lanterne rouge“ bei der véierter zum „early adopter“ vun der fënnefter AML-Direktiv.

Vläicht schécke mer domat och e wichtegt Signal a Richtung Bréissel oder Paräis, wou de GAFI de Sëtz huet.

Här President, wie vu méi Transparenz par rapport zu perséinlechen Donnéeë schwätzt, dierf op kee Fall den Dateschutz vergiessen. Dat ass der DP besonnesch wichteg. Dat eent dierf net op d'Käschte vun deem anere goen. Et muss en Equiliber fonnt ginn tëschent Transparenz a Protection des données.

Datt et net ëmmer einfach ass, deen Equiliber ze fannen, kënnen mer aus dem Avis vun der CNPD erausliesen. Den Text gesäit e puer Dispositiounen vir, déi d'Rechter vun de Leit solle konservéieren. Ech denken zum Beispill un d'Dispositiounen, déi virgesinn, wat fir eng perséinlech Donnéeë genee vun den nationalen Autoritéiten a wat fir eng vun all Mënsch kënnen agesi ginn. Déi perséinlech Adress vun de Beneficiaire kann zum Beispill just vun den nationalen Autoritéiten agesi ginn.

En anere wichtege Punkt betrëfft den Artikel 15 vum Gesetz, deen u sech eng Ausnam virgesäit fir all Entitéit a Beneficiaire, déi sech engem Risk géifen aussetzen, falls hir perséinlech Donnéeë vun all Mënsch kéinten agesi ginn. D'Gesetz gesäit do verschidde Riske vir, ënner anere dem de Risk vun Intimidatioun oder Chantage. An deem Fall kann de Betraffenen eng motivéiert Demande un de Gestionnaire vum Regëster schécken, soudatt just nach d'national Autoritéiten, Huissieren an Notaire géifen Asiicht a seng Donnéeë kréien.

Géint d'Decisioun vum Gestionnaire kann een och Recours aleen. Dat nämlech gëllt iwwregens och, wann de betraffene Beneficiaire nach mineur ass.

Här President, de Blanchiment ass dacks Ausgangspunkt vu ville Gruejegkeeten, déi momentan an der Welt geschéien. Dat geet vu Steierfuddeler iwwer Waffen- oder Drogenhandel bis hin zu der Finanzéierung vum Terrorismus. Dëse leschte Volet vun der véierter AML-Direktiv dréit duersch déi méi grouss Transparenz deene Leit, déi aus deene Strofdote Profit zéien oder se eréischt méiglech maachen, de Krunn nees e bësse méi zou. Dat ass gutt esou. An dofir fënnt dëse Projet och d'Zoustëmmung vun der DP-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hartmann. Nächst ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Charles Margue (déi gréng).** - Fir dass Der wësst, wien ech sinn: Ech hu meng „Intimitéit“ matbruecht, meng Identitéitskaart.

(M. Charles Margue montre sa carte d'identité.)

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, erlaabt mer e puer perséinlech Wierder! Et ass mer gesot ginn, wann ee fir d'Éischt an der Chamber optrëtt, dann dierf een e weéne aushuelen. An ech komme ganz kloer op de Gesetzesprojet, dee mer elo den Owend beschwätzen zu spéider Stonn, och nach eng kéier zréck.

Ech si mat der Politik doheem opgewuess - déi meescht vun lech wëssen dat -, hu se mat an d'Wéi geluecht kritt. An asoufern huet et mech schonn als jonke Kär gekribbelt, eng kéier mat an d'Wahlen ze goen. A wéi gesot, et war Alldag: Diskussiounen, Radio, Press, Dagesrhythmus, Versammlungen. De Papp, de Georges Margue vun der CSV, och nach „Paf-Georges“ genannt vun de politesche Géigner, fir mech net eng Frechheet, well et war jo schlussendlech och esou. Ech hunn dat ëmmer éischter amusant als jonke Kär fonnt.



► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Oh, do kënn mer eppes an Erënnerung!

(**Hilarité**)

► **M. Charles Margue** (déi gréng).- Ech hunn emol eng Kéier enger CSV-Politikerin geäntwert, déi hien héich geschä huet, ech hu gesot: „Ah, Dir schwätzt vun deem Mann, deen doheem fortgaangen ass, wéi ech dräi Joer hat.“ Dat ass keen Trauma fir mech, mä et bréngt awer zum Nodenken, wat et heescht fir d’Famill, wann e Mënsch an d’Politik geet. „Politik-Life Balance“ ass mer dunn als Ausdruck agefall. Et bleift eng permanent Erausforderung, an ech denken u meng jonk Kolleeginnen!

Hie war e Vollbluttpolitiker, deem säi Geeschcht nach hei am héijem Haus ass, well wéi ech fir d’Eischt hei bei der Vereedegung wollt ënnerschreiwen, stellt lech vir, um Bordereau de présence stoung net mäin Numm, mä säin!

(**Hilarité**)

► **Une voix**.- Oh Schreck!

► **M. Charles Margue** (déi gréng).- 100 Joer wär hien dës Joer ginn, am September 1918 gebuer, nom Eischte Weltkrich, mat der ganzer Famill als jonke Kärele emgesidelt. Wat wëll ech domat soen? De Krich war a ville vun eise Familljen e Referenzpunkt, fir „virum Krich“ an „nom Krich“ ze denken. Et war e Referenzpunkt aus an an der Vergaangenheet. Do war net vill Plaz, fir d’Zukunft ze denken. Dat sinn Iwwerleeungen, déi ech mer an deene leschte Jore gemaach hunn, wou ech verstanen hunn, firwat an de 70er, 80er Joren d’Zukunft net ganz gutt geduecht ginn ass, a ville Länner.

Hie war en iwwerzeegten Europäer, e be-geeschterten an aktive Member vum Conseil de l’Europe, 33 Joer Member an dësem Haus a 36 Joer am Gemengen- a Schäfferot vun der Stad. Och hien hat d’Politik am Blut als Jong vum Nicolas Margue, CSV-Minister virun an nom Zweete Krich, deen och schonn deemools iwwert d’Orthographie nogeduecht huet an déi geschriwwen huet.

Mäi Papp war an dësem Haus e laangen a respektéierte President vun der Commission juridique. Dass ech haut als President vun der jëtzegeur Commission de la Justice géif hei stoen, dat hätt ech mer a menge kéngsten Dreem net virgestallt an och net onbedéngt gewënscht.

► **Une voix**.- Mir och net!

(**Hilarité**)

► **M. Charles Margue** (déi gréng).- Dat ass awer elo esou. An ech hunn déi Erausforderung ugeholl, wéi meng Parteikollege mech fir dese Poste virgeschloen hunn. Iwwregens heescht déi Kommissioun och esou bei eise belschen Nopere, dat heescht „Commission de la Justice“, dorunner muss Der lech elo winnen. Eis belsch Nopere froe mer jo nawell oft ëm Avis, wann et ëm juristesche Froe geet. Mir halen deen Numm bäi, well en ass analog zum Ministère a mir maachen an eiser Chamberskommissioun jo virun allem Politik an net nëmme Juristerei.

Zu menger neier Situatioun als Deputéierten: e Broch mat menger berufflecher Vergaangenheet? Ech géif do soen: „Jain.“ Als Sozialwëssenschaftler hunn ech schonn ëmmer versicht, komplex Realitéiten ze verstoen, an dat kloer ouni en Usproch op déi lescht Wourecht ze hunn, mä mam Usproch, des gesellschaftlech Realitéit besser ze verstoen. Dat wäert hei an dësem Haus fir mech net anescht sinn.

(**M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.**)

„Den Droit an d’Demoskopie, also d’Mee-nungsfuerschung“, hunn ech mer geduecht, „déi hunn awer munches gemeinsam. Si sinn nëmmlech alle béid keng Sciences exactes.“ Ech als Demoskop si mer däreer bewosst. Mä souwuel d’Gesetzesartikelen wéi d’statistesch Zuele verlaangen Analys an Interpretatioun, soss bräichte mer weder Gerichter nach Sozialwëssenschaftler a Politologen.

Zum Gesetz 7217 ...

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. Charles Margue** (déi gréng).- Ah, den-lech!

► **Une voix**.- Fënnf Minutten!

► **M. Charles Margue** (déi gréng).- Ech weess, et war laang. Mä et hunn aner Leit vill Riedezäit hei verbraucht, fir Saachen ze zielen, déi ech scho stonnelaang an enger Kommissiounssëtzung nogelauschtert hat.

(**Brouhaha**)

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Wat heescht dat dann?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Den Här Mosar fillt sech ugesprach ...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Neen, also ech hunn elo laang dem Här Margue noge-

lauschtert, dee vun der Geschicht vu senger Famill gezielt huet, wat och ganz interessant ...

► **M. Charles Margue** (déi gréng).- Fënnf Minutten.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ... wat ganz interessant war. Wat ech awer net kann akzeptéieren: Mir hunn hei eng hallef Stonn Zäit gehat, fir ze intervenéieren. Ech mengen, Här President, ech hu meng Zäit net iwwerschrott. Ech hunn hei versicht, op eng roueg Manéier déi Problemer, déi ech an deene Gesetzestexter gesinn, ze erklären. Dat ass mäi gutt Recht als Deputéierten! An ech loosse mer hei net vun engem Kolleg soen, ech hätt ze laang geschwat! Ech mengen, et ass net un engem aneren Deputéierten hei ze jugéieren, wéi laang e Kolleg dierf schwätzen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Charles Margue** (déi gréng).- Huelt dat net schif, Här Kolleg Mosar, ech hu vun „laang“ geschwat an ech hunn net vun „ze laang“ geschwat. Zur Nuance! A laang ass jo awer net falsch!

(**Interruption**)

Wat d’Aféierung vum Registre des bénéficiaires effectifs ugeet: Et ass elo villes gesot ginn, dass mer aus zwou Direktiven hei Saachen ëmsetzen iwwert de Blanchiment an déi potenziell Finanzéierung vu kriminellen Aktivitéiten wéi d’Finanzéierung vum Terrorismus. Dat, an dat eleng, ass d’Zil vum haitege Vott. An deem Sënn wëll ech dem Rapporteur Franz Fayot an dem Här Ruppert a senge Mataarbechter vum Justizministerium villmools Merci soe fir hir wäertvoll Aarbecht.

Et ass e Gesetz iwwert de Blanchiment an et ass fir mech an enger Kontinuitéit vu menger berufflecher Aktivitéit aus de leschte Joren. Dir frot lech elo erëm: „Firwat? Elo schwätzt en erëm net iwwert d’Gesetz.“ Ech war am Rifkin-Prozess an am Nation Branding bedeelegt. Et ass permanent an ëmmer erëm iwwert de gud-den oder schlechte Ruff vun der Finanzplaz rieds gewiescht. A jiddweree war frou, dass an deene leschte Joren e Paradigmewiessel an dëser Geschicht geschitt ass zu Lëtzebuerg. Déi lescht Regierung si mat op dee Wee gaangen. An als Demoskop kann ech lech soen: D’Land huet opgeotemt, wéi mer d’Bankgeheimnis fale gelooss hunn.

Eis Finanzplaz ass en Ekosystem, dee sech duerch Kompetenz, Expertise, Erfahrung, Internationalitéit profiléiert huet an nach weider profiléiere soll, a wa méiglech haaptsächlech a grënge Finanzen - dat ass wichteg! -, an net duerch exzessiv Steieroptimisatiounen oder Bankgeheimnisser wéi an der Vergaangenheet. Gleef mir, Transparenz ass gutt fir eist Land. Méi Transparenz, wat d’Finanzplaz ugeet, do sinn ech iwwerzeegt dervun, ass nach besser! Wie sech mat esou engem Regëster net wuelfillt, dee muss sech menger Meenung no de Verdacht gefale loosse, dass e wahrscheinlech eppes ze verstoppen huet.

► **Une voix**.- Ah!

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

(**Brouhaha**)

► **Une voix**.- ... rechtsstaatleche Prinzip!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Esou geet dat net, Här President!

► **M. Charles Margue** (déi gréng).- Wisou geet dat net esou? Wisou därech ech hei meng Meenung net soen? A meng éierlech Iwwerzeegung?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Neen. Eng Meenung, Här Margue, kënn Dir soen. Mä awer wéi Dir déi Meenung sot! Dir setzt also mat Ärer Positioun jiddwereen ënner Generalverdacht. Dat kënn mir net akzeptéieren, Här Margue!

(**Brouhaha et interruption**)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Et ass e längeren Zwëscheruff gewiescht. Sou, Här Margue, fuert Dir weider!

(**Brouhaha**)

► **M. Charles Margue** (déi gréng).- An ech soen: Leider si munnech Aktivitéiten hei op der Finanzplaz, wéi et scho vum Här Mosar selwer ugeschwat ginn ass, net couvriert. Offshore-Aktivitéiten an och Aktivitéiten, déi hei zu Lëtzebuerg an Affekotenetüden an a Fiduciairë lafen, sinn net couvriert. An dat ass net gutt fir d’Zukunft vun der Finanzplaz. Wann de GAFI kënn, da wäert en eis drop hiweisen, fäerten ech, dass zu Lëtzebuerg d’Lächer och mat dësem Gesetz nach ëmmer net all wäerte gestoppt sinn, fir Wäisswäscherei ze maachen. Dat ass moralesch verwerflech an ethesch e Feeler!

« On comprend donc l’exigence, aujourd’hui toujours plus ressentie, d’introduire une homologation des autorités publiques de tous les

produits de l’innovation financière, afin de préserver la santé du système et de prévenir les effets collatéraux négatifs. Encourager la santé (du système) et éviter la corruption, même d’un point de vue économique, est un impératif moral incontournable pour tous les acteurs impliqués dans les marchés. Cette nécessité montre également l’urgence d’une coordination supranationale », woumat mer amgaange sinn, « entre les différentes composantes des systèmes financiers locaux. » En Zitat vum François aus „Laudato Si“ Nummer 198 vun 2015.

Mir müssen also an den nächste fënnf Joer dem Usproch vum Koalitiounsprogramm, dee mer eis ginn hunn, gerecht ginn. Mir hunn d’Ambitioun, fir eng méi gerecht an nohaltig a gréng Finanzplaz Lëtzebuerg ze schafe während dëser Legislatur. D’Gesetz 7217 ass ee Schrëtt an déi Richtung.

A wa muencherengem dee Jesuitepoopt ze fortschrëttlech ass, da kann ech just soen, dass hien an der Linn vu sengem däitsche Virgänger läit:

« Étant donné la globalisation actuelle du système financier, une coordination stable, claire et efficace s’impose entre les différentes autorités nationales de régulation des marchés », an ech schwätzen hei mam Echo, deen ech an den Oueren hat, ier ech an d’Koalitiounsverhandlungen matgaange sinn, vun de Regulateuren hei op der Plaz, « avec la possibilité, et parfois aussi la nécessité de partager en temps opportun les décisions contraignantes quand le bien commun est en danger. Ces autorités de régulation doivent toujours rester indépendantes et liées aux exigences de l’équité et du bien commun. À cet égard, les difficultés compréhensibles ne devraient pas décourager de la recherche et de la mise en œuvre de tels systèmes de réglementation. »

Dat huet de Benedikt XVI gesot, „Caritas in veritate“, d’Nummer 67, 2009, no deem Joer 2008, wou de System bal ganz zesummegebrach ass.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- An Dir sidd géint de Reliounsunterrecht!

(**Hilarité**)

► **M. Charles Margue** (déi gréng).- Duerfir widerhuelen ech jo och Reliounsunterrecht hei an ech zitéieren lech déi Saachen, déi Der vläicht, wahrscheinlech an den eegene Kreesser nach net selwer gelies hutt.

(**Hilarité**)

D’Zopp gött net esou waarm giess, wéi ...

(**Interruptions**)

D’Zopp gött net esou waarm giess, wéi zwee vun eise Kolleegen Deputéierte se d’lescht Woch via Radiosinterview gekacht hunn. Dës Gesetz huet och effektiv Auswierkungen op eist Veräinsliwen. Dat stëmmt. Dat hu meng Virriedner gesot a kloer explizéiert.

An en effentleche Regëster d’Nimm an d’Identitéit vun de Verantwortleche vun den ASBLen androen ass vill Aarbecht fir d’Sekretären a Presidenten an de Comitéen. Mä ech hunn den Androck, dass an deene Comitéen, wou ech sinn, an ech sinn am Comité vun engem Fußballclub, zwar net an der Nationaldivisioun, ...

(**Hilarité**)

... dat gang und gäbe ass! An ech kann lech och soen: Wann d’Veräiner gutt geféiert sinn, dann ass iwwert d’Halschent vun der Aarbecht scho gemaach; well mir hunn d’Gewunnecht, eis Identitéit ze hannerleeën. A wann d’Aarbecht bis gemaach ass, da wäerten och d’Veräinsresponsabel opootmen, well dann hu se Uerdnung an hiren Dossieren, an hire Fichieren.

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Dat hu mir souwisou!

(**Hilarité**)

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

(**Hilarité**)

► **M. Charles Margue** (déi gréng).- D’Holle-recher Musek ass effektiv eng grouss Musek. Ech kennen déi nach aus menger Jugendzäit. An ech si frou, dass et se haut nach ëmmer gött; och wann ech net méi do wunnen. Ech hunn do ni matgespillt, mä ech sinn ëmmer op hir Concerte gaangen.

Eis Veräiner stinn also net ënner Generalverdacht. An et ass och scho gesot gi vu menge Virgänger, firwat eis ASBLen, Fondatiounen an ONGen drënnerkommen. Et ass nämmlech déi traureg Wourecht, dass ënner engem ASBLs-Prabbeli SARL an aner Gesellschaftsforme kënnen entstoen, a wou kënnen Geschäfte, och kromm Geschäfte, gemaach ginn. An ech wär frou, wannehgelift, wann net Ängscht gemaach géif ginn hei op der Tribün oder iwwer e Radiosmikro, dass elo d’Veräinsliwen an de

Benevolat zu Lëtzebuerg géifen duerch dës Direktiv hei, duerch dës Ëmsetzung, zugronn goen.

Mir hunn an der Kommissioun, mat Ärer Ënnerstëtzung an no Ärer Fuerderung, déi op allgemenge Konsens gestouss ass, kloer de Ministère gefrot, him den Opdrag ginn, dass e fir eis Veräiner alleguerter wameiglech eng erliichtert Prozedur soll maachen a virun allem eng Guidance soll ginn, wie wou a wat muss ofliwweren. Sechs Méint sinn et, net ee Mount, wéi ee Moment an der Effentlecheet gesot war, a sechs Méint vun deem Dag un, wou d’Gesetz publizéiert ass. Wann ee weess, dass do och nach een, zwee Méint dertëscht sinn, da si mer éischer bei siwen, aacht Méint wéi bei just sechs Méint.

Okay, mir stëmmen dat Gesetz elo an engem Schnellverfahren! Et ass och scho virdru gesot ginn, wisou dat esou ass: Mir hunn et mat enger Urgence ze dinn. Mir hunn eng Klo. Mir hätte 600.000 Euro Strof kritt, wa mer et elo net géife maachen. An de Statsrot huet seng Opposition formelle am November, wéi et virdru gesot ginn ass, aus dem Wee geschaaft. déi gréng wäerten dës Gesetz stëmmen!

Ech widerhuelen: Et geet ëm d’Bekämpfung vum Wäisswäsche vu vill Geld an der méiglecher Finanzéierung vu kriminellen Aktivitéiten. Dat, an dat eleng, ass elo wichteg! An deem Sënn froen ech lech all, léif Kolleeginnen a Kollegen, dësen Text elo zu spéider Stonn ze stëmmen. An ech fannen, dass eng Enthaltung an esou wichtige Froen - a mengen Aen - en onverständlechen an onverméttelbare Message no baussen ass!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dir léiert dat nach eng Kéier!

► **M. Charles Margue** (déi gréng).- Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien !

(**Hilarité**)

► **M. Charles Margue** (déi gréng).- Wat léieren?

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Wat onverständlech ass.

(**Brouhaha général**)

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci. An ech gesinn, den Här Roy Reding ass prett, fir unzetrieden. Här Reding, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Merci, Här President, wat fir ee Genoss, lech nees a mengem Réck ze wëssen!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Et kann lech näischt passéieren.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Voilà, ech faasse mech extrem kuerz zur spéider Stonn. Et ass ganz, ganz viles gesot ginn. Ech kommen net zrëck op d’Prozedur. Et ass iwwert de Knéi gebrach ginn, do si mer allegueren d’accord. An et war keng gutt Prozedur.

Dësen Text ass eng Absurditéit. En ass iwwerflësseg. En ass onmoosseg fir kleng Betriber a Veräiner. En ass onverständlech, wann een den Dateschutz wëllt eescht huelen. An en ass schlussendlech de Beweis, datt déi jëtzege EU dysfonctionnéiert an an hirer jëtzege Form op ville Pläng schiedlech ass.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien !

► **M. Roy Reding** (ADR).- Firwat ass en iwwerflësseg? Et gött haut Regëstere vu Bénéficiaires économiques réels vu Gesellschaften. Bei all Notairesakt, a wann ech nëmmen den Numm änneren, oder wann ech nëmmen de Siège änneren, muss ech de Bénéficiaire économique ugin.

Eis Justiz huet Zougrëff op déi Donnéeën am Fall vun enger Perquisitioun, dat heescht, et gött eng Plaz, wou dat doten haut schonn ze fannen ass.

Datselwecht göllt fir de Registre des actions nominatives, deen op engem Siège muss gefouert ginn. D’Action au porteur, d’Inhaberaktie - wou also deen, deen de Pabeier am Grapp huet, de Propriétaire ass an engem aneren e ka ginn - ass ofgeschaaft. D’Actions au porteur müssen hannerluecht gi bei engem CSSF- oder anescht agreéierten a kontrolléierte Professionellen.

Et gött also absolutt keng Ursach, fir dat heiten anzeféieren, a moins datt ee seet: Et ass d’Curiositéit vum Public, d’Transparenz, fir gewuer ze ginn, wien dann elo de BO (veuillez lire : de Beneficial Owner) ass. Well dat huet virdrun



nëmme kënnen den Untersuchungsriichter, de Parquet, d'Administration fiscale feststellen, all déi, déi Zougang hunn zu all deenen Donnéeën, mä eben net de grand Public.

Dat ass dat Fenzegt, wat hei ännert, datt elo all Mënsch ka schnoffe goen, wem wat gehéiert. Wou ass de legitimen Interêt, fir esou eppes anzeféieren? Mir erschléisst sech dat absolut net.

Et erschléisst sech mir och net, wéi ee ka mat esou engem Text wéi deem heiten d'accord sinn, wa mer un den Dateschutz denken. Mir hunn e Registre national des personnes physiques. Do steet den Numm, de Virnumm, de Gebuertsdatum, d'Matricule, de Wunnuert, d'Ascendants an d'Descendants kann ech do erausfannen. Op dee Registre national des personnes physiques hunn d'Notaires, d'Dierwiechteren an all Aarte vun Administratiounen Zougrëff, déi dat brauchen.

Wann en Notaire dorobber Zougrëff hëlt, da kann deem, op deem seng Donnéeën zougegraff ginn ass, iwwer Legilux nofroen: „Firwat huet deem Zougrëff geholl op déi doten Daten?“ Dat gëtt all Dag gemaach. Da schreift d'Chambre des Notaires deem betraffenen Notaire a seet: „Firwat hutt Dir mat deem an deem Login de 6. Dezember moies um 9.12 Auer Zougrëff geholl op d'Date vum Här esou an esou?“ An da muss den Notaire sech justificéieren, e Brëf schreiwen a soen: „Majo, dee Mann hat mir e Compromis eraginn an en hat mech gebieden, deem Akt virzubereeden, an dunn hunn ech jo bal missen Zougrëff op seng Daten huelen.“

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Wéi kann dat sinn, datt mer op där enger Säit d'Leit schikanéieren, déi aus professionellem Interêt müssen Zougrëff hunn op déi doten Daten, an elo kann egal wien aus dem grand Public, ouni iergendeng Berechtigung oder iergendeen Interêt nozeweisen, sous forme anonyme, ouni datt ech ka wësse wien, op meng Daten Zougrëff huelen?! Wéi kënnen mer dat erlaben? Et deet mer leed, dat ass Absurdistan!

An eng EU, déi dat dote mécht, ass dysfonctionnéierend. An duerfir wäerte mir eis och net enthalen, mä mir stëmme géint dese Projet!

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Reding. Den nächsten ageschriwwene Riedner ... Ah, den Här Fayot hat nach d'Wuert gefrot gehat.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Jo, Merci, Här President. Ech wollt als LSAP-Riedner nach ganz kuerz Stellung huelen zu e puer Saachen, déi gesot gi sinn, haaptsächlech vum Kolleeg Laurent Mosar.

Här Mosar, Dir hutt eis gesot, dass Är Fraktioun sech elo enthält bei deem Text hei. Ech géif gär verstoen, wéi Der dee Vott do erkläert, wann Är Europadeputéiert am Europaparlament, d'Madamm Reding an den Här Bach, des Direktiv hei matgestëmmt hunn. Wéi erkläert Der dat? A wann deem Text hei wierklech esou grotteschlecht ass, wéi Der dat gesot hutt, wann hei den „gliesene Bierger“ gemaach gëtt mat engem Text, deem op d'GAFI-Recommandatione vun 2012 zréckgeet, deem 2013 an d'Instanz lancéiert ginn ass vun der Europäescher Kommissioun, zu enger Zäit, wou d'Madamm Reding och nach an där Kommissioun do drasou, wann dee wierklech esou schlecht ass, da stëmmt dach dergéint! Ma stëmmt dach einfach dergéint.

An ech muss lech soen: Wann Der dat dote maacht, dann ass dat awer och e gewëssent Zeeche vun Irresponsabilitéit.

(Protestations)

Wann ee mat der ...

(Brouhaha)

... wann ee mat der Cellule de renseignement financier schwätzt, ...

(Brouhaha)

Wann ee mat der CSSF schwätzt, da kritt ee gesot, dass de Blanchiment de grousse Risk ass fir eis Finanzplaz, dass de Blanchiment dee grousse Risk ass fir d'Reputatioun vun eisem Land, dass dat e Sujet ass ...

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Fayot, erlaabt Der, datt d'Madamm Reding lech eng Fro stellt?

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Neen. Duerno, wann ech fäerdeg sinn.

... dass dat e Sujet ass, deem net méi fortgeet, dass dat e Sujet ass, mat deem mer als Europäer, mä och als Lëtzeburger ...

(Brouhaha)

... gejoet ginn. A mat deem mer haaptsächlech als grous Finanzplaz e grousse Risiko hunn!

Wéi kënnt Dir esou en Text blockéieren an am gläichen Otemzuch behaupten, et wär lech seriö mat der Bekämpfung vun der Geldwäsch?

Mä, léif Kolleegen a Kolleginnen, ech froe mech, ob et hei net ëm eppes ganz aneres geet wéi ëm déi léif kleng ASBLen oder déi aarm Veräiner. Ech froe mech, ob et hei net drëm geet, am Endeffekt déi Leit ze schützen, déi sech hannert deene Strukturen do verstoppen, déi opgesat ginn.

(Brouhaha)

An, Här Mosar, wéi seriö, wéi kredibel sidd Der, wann Der hei e bëssen ironiséiert iwwert dem Här Schneider seng Delaware-Gesellschaft? Dir, deem Der nach virun net allze laanger Zäit mat Mossack Fonseca Panama-Gesellschaften opgesat hutt, ...

(Brouhaha général et exclamations)

... d'selwecht wéi den Här Reding?!

(Coups de cloche de la présidence)

Wann een esou Saache gemaach huet, wann een esou Struktur montéiert huet, wou déi déck Fësch sech derhannert verstoppt hunn, wou déi déck Fësch sech derhannert verstoppt hunn a wou elo am Endeffekt, jo, d'Veräiner domat emmerdéiert sinn, ...

(Brouhaha général)

... ech mengen, dann hält ee sech an där Debatt e bësse méi kleng. Fir mech sidd Der net kredibel!

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Wannechgelift! Wannechgelift!

(Brouhaha)

D'Wuert huet d'Madamm Reding, weinst Faits personnels.

► **Mme Viviane Reding (CSV).** - Jo, Här President, et ass elo scho fir d'zweete Kéier, datt hei mäin Numm fällt am Kontext vun der Europapolitik.

Ech muss kloer an däitlech soen, datt ech all déi Zäit, wou ech Lëtzebuerg vertrauden hunn am Europaparlament, net lichtfankeg déi eng oder déi aner Decisioun getraff hunn. A bei deem heite Vott souze mer laang zesummen, mir Lëtzeburger (veuillez lire : A bei deem heite Sujet souze mer laang zesummen, mir Lëtzeburger am Europaparlament). A mir hunn eis berachelt, wat mer dann elo solle maachen, ob dat do eis elo gefällt, wat do drasteet, oder ob mer, wa mer dann elo dergéint stëmmen, dann nees eng Kéier an der internationaler Press sinn als déi Lëtzeburger, déi jo bekannt si fir Geldwäscherei an esou virun: « Et voilà la preuve ! »

(Interruptions)

Voilà! Dat wollt ech lech ganz kloer a ganz däitlech soen.

(Interruptions)

An ech mengen ...,

(Interruption par M. Alex Bodry)

An ech mengen ...! Ech hunn lech schwätze gelooss, obschonn Der net Orateur waart, mä hei ënnerbrach hutt! An ech fannen dat Dertschentschwätzen esou eppes vu Manktum vu Kannerstuf!

(Brouhaha général)

Op jidde Fall, ech hu meng Kanner ëmmer geleiert, ...

(Brouhaha général)

... datt se d'Leit sollen ausschätze loossen.

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - D'Madamm Reding huet d'Wuert.

(Interruption)

► **Mme Viviane Reding (CSV).** - Sou! Dat war déi Decisioun, déi mer, en connaissance de cause a mat Bauchwee, am Europaparlament getraff hunn. An ech stinn zu där Decisioun!

Elo sinn ech hei als Deputéiert vu Lëtzebuerg an engem Lëtzeburger Parlament. An ech gesinn eng Ëmsetzung a Lëtzeburger Recht vun enger Direktiv an ech froe mech wierklech: „Musse mir da méi kathoulesch si wéi de Poopst? Musse mir am Fong geholl virun de Won lafen an nach méi wäit goen, wéi d'Direktiv eis forcéiert?“ Well bei enger Direktiv kann ee jo nëmmen d'Saachen nach besser maachen, et kann ee jo net manner maache wéi dat, wat an enger Direktiv drasteet. Do sinn eis d'Hänn gebonnen.

An héchstwahrscheinlech, da kann ech mer virstellen, war deejeinegen, dee Minister war -

egal vu wat fir enger Partei dee war - an deem am Conseil des Ministres (veuillez lire : deem am Conseil des Ministres Lëtzebuerg vertrat huet), an darselwechter Zwéckmillchen. Well op dee gëtt jo gekuckt, net op de Belsch oder op de Fransous, mä op de Lëtzeburger! An da gëtt nees eng Kéier gesot: „D'Lëtzeburger sinn d'Knaschtsäck hei an Europa.“

An do huet een als Politiker eng Responsabilitéit. Déi Responsabilitéit hunn ech iwwerholl all déi Zäit, wéi ech fir Europa responsabel war. An ech loosse mer vu kengem hei an deem Haus iergendwéi e Virwurf maachen, ausser en hält recht!!

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Ah! Majo dann, dann ass jo alles an der Rei!

(Brouhaha général)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Reding. Als Nächsten hat den Här Mosar d'Wuert gefrot weinst Fait personnel.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, Här President, ech sinn elo d'nächst Joer 25 Joer Member vun deem Parlament. An ech muss lech soen: Dat, wat elo virdrun hei virgefall ass, hunn ech a 24 an engem hallwe Joer nach net matkritt!

Hei gi vun engem Kolleeg Accusatioun gemaach iwwer professionell Aktivitéiten. Ech wëll dem Här Fayot soen, datt ech e Beruff hunn, wéi hien iwwregens och, wéi eng Rei aner Kolleegen och, an datt mir, am Kader vun eise professionellen Aktivitéiten, an den 90er Joren op eng parfait legal Aart a Weis fir Clienten Offshore-Gesellschaften emol opgesat hunn.

Ech wëll och dem Här Fayot soen, datt där Offshore-Gesellschaften hei zu Lëtzebuerg zu Dausende vu Fiduciairen an Affekotenetüde gemaach gi sinn.

A wann ech d'selwecht wär wéi den Här Fayot, wat ech awer net sinn, hätt ech em gesot, datt hien och eng Kéier an enger Etüd war, déi och op eng parfait legal Aart a Weis - op eng parfait legal Aart a Weis! - esou Strukturen en place gesat huet. Dat ass awer net mäi Stil. Dat dréit och näischt, wëll ech dem Här Fayot soen, zu der Diskussioun bäl!

Merci!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Mosar. Den Här Fayot hat nach d'Wuert gefrot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, weinst Fait personnel.

Ech war an enger Etüd, wou den Här Gloden elo nach actuellement ...

(Hilarité générale)

... och Associé ass ...

► **Une voix.** - Fuert duer!

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Voilà ! Neen, mä ech mengen dann ...

► **Une voix.** - Här Schoulmeeschter!

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - ... an Äre fréiere Kolleeg, den Här Frieden, och elo actuellement Associé ass. Do stoungen effektiv Associé an deene Panama Papers fir Faiten, déi, mengen ech, wann ech mech richteg erënneren, op d'80er oder 90er Joren zréckginn, wéi ech nach selwer net Affekot war.

Ech, perséinlech, ech stinn net an de Panama-Papers, contrairement zu lech, Här Mosar, an zu Ärem, eisem Kolleeg Här Reding hannendrun. Dat heescht: Ech hunn ni esou eppes gemaach.

Ech hunn an enger Etüd geschafft, déi 1964 gegrënnt ginn ass, wou Saache gemaach gi sinn, mat deenen ech absolutt näischt ...

(Brouhaha général)

... ze dinn hunn.

(Brouhaha)

An ech brauch mer elo ...

(Brouhaha)

An ech hunn do ..., ech sinn do net am selwechte Boot wéi Dir, Här Mosar!

(Brouhaha)

Et ass esou einfach wéi dat! Voilà! An ech droen net den Heritage ...

► **Une voix.** - Huet dat eppes mam Gesetz ze dinn?

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - ... vun Altlasten vun enger Etüd, an där ech geschafft hunn.

(Interruption)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Fayot. Den Här Reding hat d'Wuert gefrot, och weinst Fait personnel.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Also ech wollt emol eppes klipp a kloer soen: Et gëtt honnertausend gutt Ursachen, firwat d'Leit wëllen

eng Confidentialitéit hunn. Dat huet mat Geldwäsch näischt ze dinn. An dat huet näischt mat Steuerhannerzierung ze dinn. An dat huet näischt mat Terrorismus ze dinn.

Ech hunn es einfach sat, datt ëmmer deem dommen, blöden Amalgam gemaach gëtt tëschent engem Instrument, wat ee benotzt, a firwat datt een et benotzt! Wann ech eng Offshore benotzen, fir Confidentialitéit ze hunn, dann ass dat mäi gutt Recht. Sou hunn ech dat bis elo nach ëmmer gesinn. A wa mer elo net dat ëffentlecht Transparenzregëster kréichen, wou elo all Topert ka kucke goen, wie vu wat Propriétaire ass, ...

(Brouhaha)

... dann hätte mer déi Intimitéit, deem „jardin secret“, ...

(Brouhaha)

... wéi den Här Mosar e mat Recht genannt huet, dann hätte mer deem nach.

An et gouf honnert aner Ursachen, esou en Instrument ze benotzen: Well déi Firma keng Bilane musse maachen, si se einfach ze géieren. Dat heescht net, datt se Facturé stellen, dat heescht net, datt se zu iergendwellechen illegale Mëtelen agesat ginn.

An deem Amalgam ze maachen ..., ech mengen, hei si vill Affekoten a vill vun eis hunn Offshore gemaach oder maache se nach haut, dat ass absolutt licite! Dat ass legitim! An dat huet näischt mat iergendwelleche kriminellen Aktivitéiten ze dinn.

(Brouhaha)

An ech fannen et extrem grav, datt Der dat suggeréiert hutt par rapport zum Maître Mosar an elo par rapport zu mir. Extrem grav!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Reding.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Mir liewen net méi an den 90er Joren, Här Reding. Gott sei Dank!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Roth. A wéi engem Kontext frot Dir d'Wuert?

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Jo, ech muss ...

(Brouhaha général)

Et ass elo zéng Auer hei! Ech muss lech soen: Mir haten elo de leschten Donneschdeg Sitzung, moies a mëttes, wou den Här Fayot äusserst onflätteg mat Deputéierte vun der CSV ëmgaangen ass. Mir haten de Freideg de Mëtteg Sitzung vun der Finanzkommissioun, wou den Här Fayot carrement dem Här Mosar Inkompétenz virgehäit huet. Mir héieren deeselwechten Zirkus, deem den Här Fayot haut den Owend um zéng Auer nach eng Kéier wëllt widerhuelen. Dat akzeptéiere mir als CSV net!

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Den Ënnerscheid zwëschen lech an eis ass deen: Mir haten direkt d'Legitimitéit vun dem Vollek. A wann Dir esou wëllt mat den CSV-Deputéierten an Zukunft ëmgoen, da léiert Der eis och nach kennen!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Roth. Ech mengen, mir kommen op d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner zréck.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Wéi schéi wär et, wa mer de Vollzäitdeputéierten hätten!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Als nächsten ageschriwwene Riedner ass den ...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, esou kënnt Der dat net einfach lafe loosse!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - ... Här Marc Baum agedroen. An den Här Marc Baum huet elo d'Wuert, a soss keen!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Esou kënnt Der dat net lafe loosse, Här President! Hei si Menacen ausgeschwat ginn!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

(Protestations)

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Här President, ...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - An iwwert de Code de conduite schwätze mer nach eng Kéier hei!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Wannechgelift, den Här Baum huet d'Wuert als ageschriwwene Riedner.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Här President, dat, wat mer hei am Moment, an deene leschten zwou Stonnen erlieft hunn, ass effektiv keen Héichpunkt vun eiser demokratescher Geschicht, an definitiv och net déi Aart a Weis, wéi hei iwwer Sujete geschwat gëtt!

An ech selwer sinn hei Saache gewuer ginn, déi mech awer éischter erstaunt hunn, näamlech



datt Vertrieder vu Lëtzebuerg net wéinst der Saach där heiter Direktiv zougestëmmt hunn, mä well et anscheinend just ëm den Image gaangen ass! Et ass net ëm d'Saach gaangen, datt do Geldwäsch bedriwwen gëtt an datt d'Europäesch Kommissioun probéiert, dat ze ënnerbannen, mä et ass ëm den Image vu Lëtzebuerg gaangen, a wann een dat gemaach hätt, wat een eigentlech hätt wëllen, dann hätt een dem Image vu Lëtzebuerg geschuet.

Ech fannen dat eigentlech ganz grav. An dat ass, mengen ech, kee gutt Zeechen, besonnesch, well ...

Ech soe fir d'Éischt nach eng Kéier ganz kuerz d'Haltung vun der Lénker zu dësem Projet ...

(Hilarité)

... an da muss ech awer och nach op eppes agoen.

Mir mengen, datt deen heite Schrëtt, d'Ëmsetzung vun der Blanchiment 4- plus Blanchiment 5-Direktiv fir de Registre des bénéficiaires, datt dat e klengen, awer wichtege Schrëtt ass an engem Puzzlestéck, fir kënne virzegoen géint d'Geldwäsch. An duerfir ënnerstëtze mer dat heiten och.

Et gëtt vill Faillen an deem Text, an där Direktiv. Et gëtt och Froen, déi opbleiwen, wat d'Ëmsetzung ugeet. Mä et ass zumindest e Schrëtt no vir. An dee kënnt och net vun näischt. Dee kënnt doduerch, well an der Europäescher Unioun Saache geschitt sinn an deene leschte Joren, déi einfach net méi tolerabel waren an déi net tolerabel sinn, déi dozou gefouert hunn, datt State Milliounebeträg u Steieren entzu gi sinn, an Zäite vu Kris, an Zäiten, wou Staaten hu missen Austeritéit bedreiwen, wou Leit drënner gelidden hunn, well déi Austeritéit ass natierlech um Bockel vun de Leit ausgedroe ginn!

Wat mir ausdrécklech begrëssen, dat ass dat, wat d'Zivillgesellschaft zënter Jore freet, datt een endlech emol ërem en Accès kritt, datt d'Zivillgesellschaft en Accès kritt zu de reelle Beneficiairen an datt domadder zumindest e klenge Schrëtt gemaach gëtt, fir Schachtelkonstruktiounen zumindest ze versichen ze vermeiden, an datt domadder och Drock kann entstoën.

Den Här Mosar huet virdu vun den ONGe geschwat, déi elo esou vill Schwieregkeeten hätten, fir eventuell do hir Memberen, oder net d'Memberen, mä d'Comitésmemberen unzeginn. Mä et si virun allem ONGen, déi zënter Jore froen, datt dat heiten ëmgesat gëtt, datt mer Transparenz kréien, eppes, wat onbedéngt wichteg ass, och wann een an der Europäescher Unioun mat enger Stëmm wëllt géint verschidde Praktike virgoen.

Déi ONGen an déi Journalisten an déi einfach Bierger, déi den Här Reding elo einfach als „Toperten“ bezechent huet, eis allegueren! Mir sinn alleguer Toperten, all déi Leit, déi en Urecht hunn op Transparenz, dorop, wierklech gewuer ze ginn, wien d'Beneficiairë sinn, dat sinn Toperten! Dat fannen ech déi gréisste Beleidigung vun iergendengem heibannen, déi zu iergendengem aneren ausgeschwat ginn ass!

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Dann, natierlech stelle sech Froen, wéi dat an der Praxis dann ëmgesat wäert ginn. Verschidde Saache ginn iwwer e Règlement grand-ducal och nach geregelt. Do muss een da kucken, wéi dat genau ausgesäit.

Gradesou wéi een dann ofwaarde muss, wéi d'Praxis wäert sinn - et gëtt jo och Demanden, wou d'Gesellschaftë kënnen ofleenen -, wéi do d'Prozedur ass, wéi sech dat dann herno an der Realitéit ëmsetze wäert. A wéi gesot, et ginn nach ëmmer bei deem heiten eng ganz Rëtsch Faillen a Lächer, wou, mengen ech, och d'Europäesch Kommissioun gefuerdert ass, fir do nach weider dergéint virzegoen.

Wat ech lech awer soe muss: Wéi ech dem Här Mosar nogelauschtert hunn, dunn hunn ech geduecht, den Allmächtigen hätt de Benjamin Franklin nees dohinnergesat, deen iwwert d'Fräiheitsrechter vum Mënsch, iwwert d'Gefor vum glesene Bierger geschwat huet, op där enger Säit, an op där anerer Säit awer stellen ech fest, datt dee Member vun där Partei ass, déi awer d'Videoiwwerwaachung ausbaue wëllt, datt et deen ass, dee Platzverweiser wëllt ausweide géint einfach Bierger, datt et deen ass, deem d'Burkagesetz net wäit genuch geet! Also do muss ech soen: Och déi Bigotterie muss een awer kënnen a Grenzen halen an e bësse Fouss bei Mol halen!

Als Lénk kënne mir dat heite Gesetz stëmmen. Wéi gesot, et ass e klengen, awer néidege Schrëtt.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Här President. Et ass schonn zu spéider Stonn. Ech hunn och an Tëschenzäit bei all deene Gespréicher, déi hei gelaf sinn, meng Notizen, déi ech eigentlech fir d'Ried virbereet hat, ergänzt. Deementspriedend outen ech mech awer emol als och ee vun deenen „Toperten“, an ech hunn och ni eng Offshore gemaach. Also ech hunn och dat ni wëlle gehat.

An ech hunn och, ier ech an d'Chamber komm sinn, ni Versteesdemech gehat, wéi een iwwerhaupt esou eppes kann a wëllt maachen. Dat ass vläicht fir lech, déi dodra geschafft hunn, déi hiert Geld dermat verdéngt hunn, an ech mengen, net wéineg Geld, eppes ganz Interessantes gewiescht, mä deen normale Bierger dobaussen, deen huet kee Versteesdemech fir Är Offshore-Geschichten, ob do elo Geld gewäsch gëtt, Lobbyismus gemaach gëtt oder soss eppes oder och vläicht eppes Eierlech. Mä da kommt, wann een eppes Eierlech mécht, kann ee jo och dohinnergoen an dat soen! Also, firwat muss een dat da verheemlechen?

Den Här Mosar huet virdu probéiert hei, de Piraten bäizebréngen, wat Dateschutz soll sinn. Ech mengen, Dir loucht do e bëssen dernieft, well Dateschutz ass net do, fir Saachen ze verhënnern, mä en ass do, fir Transparenz och emol ze schafen. An dat muss een och emol léieren. Den Dateschutz huet och do seng Grenzen, wou et ëm Transparenz geet. An dat ass ganz wichteg. An ech wëll do den Här Roth och eng Kéier luewen, well Dir hutt jo gemengt, ech hätt an der Kommissioun net vill gesot, mä den Här Roth huet dat richteg mam Dateschutz erkläert an dass een do och verschidde Protektiounen muss abauen an dass verschidde Reglementer do wierklech mussen iwwerluecht ginn.

Ech wëll awer do och nach eng Bemierkung ubréngen. Dir hutt virdu gesot: „Et ass esou laang verhandelt ginn.“ Mä ech mengen, dat war Äre Meritt. Dir sidd an déi Kommissioun komm, Dir hutt - ech wëll lech elo net do iergendwéi ze no trieden -, mä Dir hutt lech am Toun an am Wuert deemools an där Kommissioun vergraff géint déi aner. Also dat war meng éischt Justizkommissioun an ech hat dat esou am Gefill. An ech war duerno bei enger anerer Kommissioun, do war eng ganz aner Ambiance an et war ganz anescht gaange wéi dat, wat Dir deemools do, soe mer emol, ...

(Interruption)

... „opgefouert“ hutt. Also, ech war erschreckt an ech hoffen och, ...

(Interruption)

... wéi dat heibannen den Owend hin- an hiergaangen ass, dass dat net wäert esou weidergoen.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la présidence)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Goergen, fuert viru mat Ären Ausféierungen, wannechgelift!

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Gären.

(Brouhaha)

A mir sinn och houfreg drop, wann Dir eis „Reebou“ nennt, well wann ...

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- ... e Gesetz gutt ass oder e Projet, da stëmme mir et mat; ass et net gutt, da soe mer dat och éierlech. Esou hu mer virdu an d'CSV-Motioune matgestëmmt, wéi mer géifen déi aner Saache matstëmmen. Mä ech hunn awer heiansdo d'Gefill, dass heibanne geschwat gëtt, fir einfach emol dergéint ze sinn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Fir eis als Piraten ass et immens wichteg, dass de Spagat tëschent Dateschutz an Transparenz geléngt. Mir dierfen net erlaben, dass dem Bierger seng Donnéeë mëssbraucht ginn. Gläichzäiteg muss mir eise Bierger an och eise Stat kënnen d'Moyene ginn, fir Steierhannerzéiung a Geldwäscherei ze ënnerbannen.

An de Projet de loi 7217 ass d'Transpositioun vum Artikel 30 vun der EU-Richtlinn 2015/849 a soll dozou déngen, eise Finanzsystem weider géint de Blanchiment an den Terrorismus ze schützen. Mat dem Projet de loi, deen hei zum Vott steet, wäerten all d'Persounen, déi ënnert d'Definitioun vum Bénéficiaire effectif falen, an e Regëster agedroe ginn, deen och der Effentlechkeet soll zougänglech sinn.

Doriwwer eraus erfëlle mer mam Unhuele vum Gesetz d'Oplage vun der EU-Richtlinn a sinn

esou och endlech konform mat der EU-Gesetzgebung. Hei lount et sech ze erwänen, dass d'Transpositioun vun dem Gesetz u sech scho laang hätt misse geschitt sinn.

Dëse Projet de loi weist, wéi schwéier et ass, tëschent dem Dateschutz an der Transparenz e gesonde Spagat ze treffen. Mir dierfen op kee Fall zouloossen, dass dës Datebank mëssbraucht gëtt, fir zum Beispill Datebanke mat Donnéeë vu Leit ze fëllen a massiv erofzelueden.

Mir si fest der Meenung, dass de Geldwäscher d'Handwerk muss geluecht ginn an dass se duerch esou e Gesetz d'Box mussen erofloossen, fir dass se net weider hire komesche Beruf fer kënnen nogoen.

(Interruption)

11. Dépôt d'une proposition de loi par M. Marc Goergen

Elo géif ech lech, Här President, eng Proposition de loi zu engem Sujet iwwerreechen: fir d'ASBL am Gesetz vun der Publikatioun (veuillez lire : fir am Gesetz iwwert d'ASBLen den Artikel vun der Publikatioun) vun de Memberslëschten ze änneren, andeems net d'Memberen allegueren mussen ëmmer deposéiert ginn, mä just de Comité.

7392 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 21 avril 1928 sur les associations et les fondations sans but lucratif

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Mir sollten den ASBLen an de Veräiner keng Zäit klauen, dëst am Sënn vum Benevolat a fir hinnen ënnert d'Äerm ze gräfen an och den Dateschutz ze stäerken.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Justizminister Félix Braz, wannechgelift.

12. 7217 - Projet de loi instituant un registre des bénéficiaires effectifs et portant

1^{re} transposition des dispositions de l'article 30 de la directive (UE) 2015/849 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2015 relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux ou du financement du terrorisme, modifiant le règlement (UE) n° 648/2012 du Parlement européen et du Conseil et abrogeant la directive 2005/60/CE du Parlement européen et du Conseil et la directive 2006/70/CE de la Commission ;

2^e modification de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le Registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises (suite)

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der allegueren wësst, et ass den Owend schonn e puermol evoquéiert ginn, ass de Kampf géint d'Wäisswäsche vu Suen e laangwieregen a komplizéierten, awer ouni de geréngsten Zweifel en noutwendegen Effort, well Krimineller ëmmer op en Neits Weeër fannen, fir de Produit vun hire kriminelle Geschäfte ënner engem geschéckt ugeluechte Mäntelchen ze verstopen. Dofir gëtt et net nëmmen an der Europäescher Unioun, mä och weltwäit Gremien, déi sech mat där Problematik befaassen a probéieren, deenen Onéierlechen hir Spillercher opzedeecken a mat Erfolleg ze bekämpfen. Dobäi denken ech zemools un de GAFI, de sougenannten „groupe d'action financière“, wat en intergouvernementale Grupp ass vun aktuell 38 Länner uechtert d'Welt, un deem awer och zwou regional Organisatiounen, dorënner och d'Europäesch Unioun, bedeelegt sinn.

Eng vun de Recommandatiounen vum GAFI, ...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

... an ech komme méi spéit nach eng Kéier kuerz drop ze schwätzen, déi sougenannt Recommandatioun 24, si ass schonn erwäant ginn, fuert d'vun all de Länner, dass se eng Transparenz vun de juristeschen Entitéiten a Konstruktiounen virgesinn, fir ze verhënnern,

dass ënnert dem Deckmantel vun esou Entitéiten d'Wäisswäsche vu Suen oder d'Finanzéierung vun Terrorismus kënne verstoppt ginn. D'Recommandatioun vum GAFI rëfft dofir all d'Staten op, sech ze vergewësseren, dass adequat, exakt an aktuell Informatiounen iwwert d'wirtschaftlech Notznëisser gesammelt ginn an disponibel sinn, soudass d'Autoritéiten an och déi Professionell, déi eng gesetzlech Obligatioun hunn, hire Client genee ze kennen - d'Banken, d'Notairen, d'Immobilienhändler an anerer nach -, allzäit kënnen drop zrëckgräfen, an zwar op aktuell a komplett Informatiounen.

Et ass och zu deem Zweck, dass am Hibleck op d'Recommandatioun vum GAFI mat den Artikelen 30 an 31 vun der europäescher Direktiv vun 2015, der véierter also, eng global Transparenz vum wirtschaftlechen a finanziellen Ëmfeld bannent der Europäescher Unioun ze verwierklechen ugestriift ass, woubäi den Artikel 30 allegueren, an ech ënnersträichen dat, d'juristeschen Persounen, Gesellschaften, Fondatiounen, Associatiounen ouni Gewënnzweck, Etablissements publics an esou weider, déi op nationalem Territoire gegrennt ginn, betrëfft, während den Artikel 31 Trusten, Fiducien an aner äänlech juristeschen Konstruktiounen da viséiert.

Et ass ze betounen, dass den Artikel 31 net duerch deen heite Gesetzesprojet ëmgesat gëtt. Den Artikel 31 ass nämlech den Objet vun engem aneren Text, dee vum Finanzministère an der Chamber agereecht gouf. An deen ass dann och an där zoustänneger Kommissioun ënnerwee.

Ech hunn also hei elo en europäesche Kontext nach eng Kéier rappeléiert an och de But vun deem, wat mer hei maachen. De But ass keng Kujenad! De But ass, en lwwel an eise Länner, an eiser Unioun, an eiser Gesellschaft ze bekämpfen. Dat maache mer!

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- An all déi Kriticken, déi haut geäussert gi sinn: Mir hunn an e puer Méint Europawahlen! Déi Parteien, déi mengen, dass een esou eng Direktiv wéi déi hei net muss ëmsetze wéinst enger Fro vu Carte-d'identitéen - an ech ginn herno am Detail drop an -, wäerte sech an deenen nächste Méint am Wahlkampf vläicht och doriwwer ze verantworten kréien. Mir wäerten iwwert déi dote Saache schwätzen am Wahlkampf hei am Land, do sinn ech ganz sécher! Dat ass an e puer Méint, da geet de Wahlkampf lass!

Ech weess, dass d'ADR iwwerhaupt kee Bauchwéi domadder huet. De Kollege Reding ass vehement op där do Schinn. Et ass em keen Tweet iwwert de Brexit ze spéit, als „true Brexiteer“. Ech weess awer, dass bei der CSV ganz vill Leit dat anescht wäerte gesinn. Dat, wat haut geschitt, wann Der dës Direktiv net stëmmt, léisst fir meng Begrëffer déif blécken. An dat ass eigentlech enttäuschend.

An et brauch ee sech och net ze wonneren, firwat mer haut iwwer esou Saachen diskutéieren. Dat ass jo net vum Himmel gefall! Firwat gëtt et an Europa politeschen Drock, fir Transparenz als eent vun den Instrumenter, net dat eenzeg, als eent vun den Instrumenter unzegesinn am Kampf géint de Finanzement vum Terrorissem? Dee mer par ailleurs jo all ganz vill kommentéieren, wann et ëm Terrorissem geet. Beim Bekämpfe vum Finanzement kréie mer e bësse Gewëssensbëss. Kann ech net novollzéien. Kann ech net novollzéien!

(Interruption par Mme Viviane Reding)

Ech hunn déi ganz Debatt gelauschtert, Madamm Reding. Och dat, wat Dir gesot hutt. Ech hunn alles nogelauschtert.

(Interruption par Mme Viviane Reding)

Ech reagéieren ... Neen, fillt lech och net viséiert, Madamm Reding!

► **Mme Viviane Reding** (CSV).- Ma dat ass awer esou.

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Fillt lech net viséiert! Ech soen déi Saache ganz allgemeng.

► **Mme Viviane Reding** (CSV).- Ah.

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Dofir, mir hu virun e puer Joer ... Et ass vu Panama Papers geschwat ginn, et ass vu LuxLeaks geschwat ginn, wou mer jo am A vum Stuern souzen, déi viregt Regierung, déi du mat der Vergaangenheet vun der Regierung virdu an deenen nach virdu konfrontéiert ginn ass. Ech mengen, mir hätten dat propper gemaach deemools als Regierung. Mä mat all deem, wat